


**LETZBUEGER
SCOUTEN**



TONY NOESEN

DIKRICH

Dir feiert dës Jar äre 75. Gebuertsdag. Dozou wëll ech eech d'Gléckwësch vum ganze Verband vun de "Lëtzebuerger Scouten" iwerbrennen.

D'groust Spill vum Scoutissem huet an all deene Jaren villen Dikrecher Jongen immens Freed gemach. Dës groust Spill gouf no Spillregelen gespillt, déi de Grënner vum Scoutismus, de Lord Baden-Powell eis gin huet. Sein Ziil war et duerch d'Zesummeffassen vu Jugendlechen an hierarchiséierte Gruppen, durch d'Liewen an der Natur, durch d'Entwéckelen vun alle Fäähigkeiten vum Mënsch, durch d'Responsabiliséieren vu jidder Eenzelnem d'Scouten zu equilibréierten, kompetenten an engagéierten Memberen vun der Gesellschaft ze erzéien. Dat zu Dikrecher des Method geléift gin as an hir Friichten gedroe huet, beweisen di sëllege Perséinlichkeiten, déi aus ärem Grup ervirgaange sin; ech brauch nëmmen un dee Chef ze erënnere, dem sei Num äre Grup ugeholl huet, den Tony Noesen.

Di selwecht Ziiler ewéi zur Zeit vum Grënner vum Scoutismus oder zur Zeit vum Tony Noesen, stin och haut nach am Verband vun de "Lëtzebuerger Scouten" am Virdergrond. D'Ziil vun eisem Verband as et , bei eise Memberen matzehëllefen, "all déi Fäähigkeiten ze entwéckelen, déi derzou bäidroen, fir spéider gesond, ausgeglachen a verantwortungsbewusst Mënschen ze gin; Mënschen, déi sëch aus hirem Glaf eraus an den Dëngscht vun hire Matmënsche stellen an doduerch de Wee zum eegene Gléck fannen" (Art 1.2. vun de Statuten). Zesumme mam ganze Weltscoutismus gi mir haut betount de Wee vum Friddensscoutismus.

Friddensscoutismus durchzéien heescht, eis Kanner an eis jonk Lait erliewen ze lossen, dat et Werter gët fir déi et sech rentéiert sech anzesetzen! "Learning by doing" as ee vun de Prinzipien vun der Scoutsmethod. Vum klengen Wëllefchen bis zum erwuessenen Rover léiert de jonke Mënsch bei de Scouten kontinuierlech u sein Alter ugepassten Responsabilitéiten am Grup ze iwerhuelen.

Ausserdem schafft hien u sengem perséinliche Fortschritt, suwuel wat sein technëscht Kënnen, wéi och seng kierperlech, seng geeschtech a seng sozial Fäähigkeiten ubelaangt.

Dat dësen Erziehungsprogramm och haut nach bei de Kanner , de Jugendlichen an deenen hiren Elteren ukënnt, beweisen d'Memberzuelen vun eisem Verband: am ganzen si mer zu 3484 dovun 1042 Wëllefcher (vun 8 bis 11 Jar), 696 Explorer (vun 11 bis 14 Jar), 390

Pionnéier (vu 14 bis 17 Jar), 158 Rover (vu 17 bis 23 Jar) an 689 Chef, Commissairen a soss Erwuessener.

Mir schengt et, dat d'Coeducatioun zwëschent Jongen a Meedercher, d'Erzéiung zur Partnerschaft am Respekt vun de Verschiddenheeten, haut ganz kloer an de Scoutismus eragehéiert.

Seit 1986 as de Verband vun de "Lëtzebuerger Scouten" offiziell och fir Meedercher op. Mir wëllen awer e Schrëtt weidergoen an 1994 zesumme mat de "Lëtzebuerger Guiden" e neien, coeducativen Verband schaafen. Dat gët eng Eräusfuederung fir d'Guiden a fir d'Scouten, suwuel op nationalem, wéi och op lokalem Plang.

Et gët sëcher och eng Eräusfuederung fir eeche, léif Wëllefcher, Explorer, Pionnéier, Rover, Cheftainen a Chef aus dem Dikrecher Grup Tony Noesen. Ech wënschen ech, dat dir bereed sid, dës nei Wéier matzegoen, ouni awer d'Eegenart vum Scoutismus ze vergeessen, déi eise Grënner de Baden-Powell eis vermaach huet.

Fränz Scharfz
commissaire général vun de Lëtzebuerger Scouten

Scout ze sin, o Jongen, Jongen dat as schéin, Scout ze sën, dat as dat schéinste Gléck

Als Buurgermeester a ganz besonnësch als fréier Wëllefcherscheftaine wëll ech den Dikricher Scouten felicitéieren an hinne merci soe fir hiren Asaaz am Dengst vun der Dikricher Jugend.

75 Jar Scouten, dat wëllt schons eppes heeschen. En dee selwer derbei war, wees am besten wéivill Aarbicht ët kascht fir Versammlungen, Sortien a Campinger firzebereeden an dann awer och derbei ze sën. Hoffentlich sën ëmmer déi richtig Lett do fir de Grup Tony Noesen um Leewen ze haalen.

Gären dinken ech un déi vill flott Stonnen bei de Wëllefcher a Scouten zréck. Erënnerungen un all Aktivitéiten se bliwen an am léiwsten wir ech mol nees heiansdo derbei. Et as besonnësch interessant an de Notizen vun deemols ze bleederen an d'Nim vun de fréiere Wëllefcher a Chef nees virun Aen ze hun, an alles nach eng Kier a Gedanke mat ze erleewen.


Daat wat ech bei de Scoute geliert hun, huet mir bis haut vill gehollef. Ech, op alle Fall, fille mëch haut nach ëmmer mat de Scoute verbonnen.

D'Erleewnis vum Scoutissem mist jidferree matmaachen, well daat bleiwt.

De Ben Molitor huet 1967 geschriwen: 'Ech war Scout, ech si Scout, ech bleiwe Scout'. Deem wëll ech mëch uschléissen mat folgende Wieder:

EMOL SCOUT, EMMER SCOUT.

Marie-Thérèse Boever
Buurgermeester vun Dikrich



292

“Ech fannen méi Wee” esou heescht et am mot d’ordre vum Guiden- an Scoutenjoer 1991/92. Hire Wee huet den Dikricher Scoutsgrup “Tony Noesen” elo schons zënter 75 Joer font. Vun engem gudden Scout erwaard e jo och néischt aneschteres.

Hie soll séi Wee esou gudd kennen, dat hien och anerer mat op de Wee kan huelen an hinnen de Wee ka weisen. Awer och de besch- ten Scout muss séi Wee eng Kéier fir d’eischt goen, sèch sei Wee sichen. Dëst ass als Scoutsgrup nët ëmmer esou llicht, well schlisslech mussen d’Interessien an d’Wënsch vun alle Scouten, ugefangen bei de Wëllef, iwert d’Explorer an d’Pionéier bis bei d’Rover, respek- téiert gin. An e Wee den eng Kéier fonnt gouf ass nët endgültig, definitiv. Och bei den Dikricher Scouten geseit dëse Wee haut sè- cher aneschters aus wéi virun 75 Joer wéi sie gegrennt goufen, oder wéi beim 50. Anniversaire.


Villes huet sech seit hirer Grëndung am Januar 1917 verännert. Fréier waren d’Scouten e vun dene wéinege Vereiner de fir d’Bouwen do war. Haut awer sin sie e vun Villen, déi sech de Bouwe fir eng aktiv Freizeitgestaltung ubidden. Sie müssen versichen mat hirem Ugebued attraktiv ze bleiwen, ouni awer natiirlech hiir Idealer op edukativem wéi op reliéisem Plang ze verroden. Dëst ass bësonnësch an eiser Zäit nët ëmmer esou einfach, well a puncto Erzéiung a Glawen dach d’Meenungen ganz weit ausenaner leien. An der Erausfuerderungen goufen ët am Laaf vun dene leschten Joeren secher nach méi. Déi nächst Erausfuerderung ass och schons do, nämlech wéi geet ët weider wann um Chefdag 1994 de Guiden- a Scoutsverband zu engem groussen Verband fusionnéieren.

Et war sècher nët ëmmer esou llicht de Wee, de richtege Wee ze fannen. Wann sie awer haut hire 75 Anniversaire kënne feieren, beweist dat sie sèch op denen entscheidende Kräizungen de richtege Wee gewielt hun. Awer et ass nët aleng de Grup Tony Noesen vun Dikrich, de sei Wee font huet, mäis all déi Bouwen, Cheftainen a Chefs, aus dem de Grup bestanen huet a weider besteet, déi hiren Wee fonnt hun. An dat hinnen nach eng gesechert Zukunft befirteet, beweist hir grouss Zuel vu Mëmberen.

Jean Goedert
Aumonier

Dikricher Scouten

Memberzuelen 1967-92





75 Jar Dikricher Scouten

Wi d'Dikricher Scouten den 28. Januar 1917 gegrënnt gin, as dem BP seng ldi, fir der Jugend eng flott Freizeitbeschäftigung ze gin knaps 10 Jar al. Zënterhir se vill Dikricher Borschten durch de "learning by doing" gangen an ët huet sich su munches un der Mentalitéit vun der Jugend, ma och vun der Gesellschaft am allgemengen, verännert.

Um Schluß vum 1. Weltkrich entstaangen, huet den Dikricher Grup sich zimlich gud entwéckelt an as an den zwanziger Jare bei alle nationalen Campen an Aktivitéiten derbei. Ennert dem Louis Thillen an dem Tony Noesen färten sie nët fir och an

d'Ausland ze goen. Um 1. an 3. Jamboree vu 1920 a 1929 maachen di Dikricher mat.

An den drëssiger Jaren iwerhëllt Noesen's Tun och national Chargen a leet d'Letzebuerger Scouten um Jamboree 1933 an Ungarn. Zweek Jar mi spit gin och Wëllef gegrënnt an de Chefdag as zu Dikrich. Op de Jamboree an Holland gi mer rëm zu 21 mat.

D'Veierziger Jaren mat Krich, Resistenz an dem Erschéissen vum ganz aktive Sektionsmaster Tony Noesen durch d'Preisen zu Hinzert bremsen den Elan, awer nëmme su laang wi d'Okkupatioun dauert. 1945 gung ët ganz sier biergop, virun allem wi mer den Terrain am Floss vun der Joffer Leyder geschinkt kruten. Hei hu vill Dikricher Jungen flott Stonne verbruecht a Frëndschafte fir d'Leewe geschloß.

D'fofziger Jaren së geprägt vum Neiopbau vun eisem Home; hei schafft eng Equip, déi sich hett nach regelméissig trefft; op dëser Plaz sollen si nach eng Kier e kräftige Merci gesot kreien. D'Memberzuel, déi nom Krich op Grond vum nationale patriotischen Elan staark geklomme war, geet rëm zrëck.

De Scoutissem verbreet sich an der ganzer Welt. Och d'Jamboree së mi weit vun heiheem weg, a gin dofir vill ze deier fir dat eiser e kënnt derbei sën, ausser 1957 an England.

No 1960 entwéckelt sich de Grup regelméissig fir am Jubileejaar 1967 131 Memberen ze zeelen.

Och wa verschidden intern Aktivitéite verschwannen, gin anerer virugeféiert oder et kommen neier derbei:

- d'Montée bei der sich de Grup als Ganzt zesummefënnt; wi och verschidde gemeinsam Gruppenaktivitéiten.

- de Gruperot, an dem sich d'Chef(tainen) eng Kier de Mungt (Ufanks 70 sugger all 14 Dee) zesummesetzen, vun hiren Aktivitéite erzielen, hir Pläng fir d'Zukunft erklären an wu munch hëtzig Diskussioun iwer aktualitéitsbezuge Problemer d'Gemidder erregt; et as awer och d'Plaz, wu eng Branche bei der anerer Hëllef oder e gudde Rot freet a wu eng gewësse Formatioun fir di junk Chef(tainen) vermëttelt gët. Eng Kier oder zweemol d'Jar as eng Sortie mat enger Agap, eng Krëst- oder Neiojfeier, eng Fuessoirée; de Chefdag, un dem mi oder manner Chef(tainen) deelhuele, gët verlängert bei engem Chef doheem. De Gruperot beleewt d'Zesummegehirigkeet tëschent de Branchen an dofir as ët Schued, dat di letzt Jaren d'Zuel vun de Chef(tainen), déi um Gruperot deelhuele, oft minim as.

- d'Krëstfeieren, déi all Branche fir Enn dës Jar programmiert, ganz réegelméissig bis 1974; duerno mi sporadisch.

- d'Amicale vun de fréiere Scouten, vun denen der 3 réegelméissig Aktivitéiten hun.

Déi periodisch Zesumenaarbicht mat den Dikricher Guiden huet hiren Ursprung och an deer Zeit. Déi 1. gemeinsam Uucht, wi mer eisen Tiaterowend deemols genannt hun, as 1964 nach am ale Stadhaus (hett Prouwesall vun der Musik). Dës Owender sën da réegelméissig all Jar, bis 1975 (ausser 67) a vu 1966 un am neie Festsall vum Kolléisch. Vun 1978 un triede mer nëmme mi al 2 Jar op ëm d'Fuesend oder Halleffaasten, oft ënnert engem spezielle Motto. 1991 guf den Tiater an de November verluegt. An de Branchen gin ët awer och periodisch gemeinsam Aktivitéiten; z.B.: d'Wëllef an d'Wichtelcher hu gemeinsam Versammlung fir eng speziell Gelegeneheet, d'Explorer drien de Film 'Flosschaaz' zesumme mat den Aventuren, d'Pionnier maachen e gemeinsame Camp mat de Caravellen a mat italienische Scouten a Guiden.

An deer Period gët ganz vill op regionalem Plang ënnert de Gruppen nördlich vu Mersch zesumme geschafft. A ganz flotter Erënnerung sën d'Regionalpeistcampen ënnert dem Camille Weber (Regionalcommissaire), déi ofweeselnd zu Dikrich, Echternach, Ettelbréck, Fels a Wolz ofgehaale gin.

Dës Zesumenaarbicht a Form vu Mini-Equip aus dem Norden fir d'Wëllef (Mersch, Klierf a Grosbous komme nach derbei), Regionalpeistcamp fir d'Explorer a national gemeinsam Aktivitéite, wi de Friddenslaaf 1989, gët an den achtziger Jare rëm opgegraf an drit dozou bei, sich hei am Land besser kennen ze lieren.

De Kontakt mat auslänneschen Truppe, virun allem bei de Pionen an de Rover gët och gesicht. Si maachen och flott Auslandsampen.

Vun de fréiere Scouten treffen sich zwu Amicale nach regelméissig an hëllefen och bei munch Scoutsaktivitéit; en anere Grupp, de jingsten, zu dem sich och Nëtscoute geschloen hun, begeenen sich och öfters an organisieren den Auto-Explo.

Eppes, wat leider Mëtt 70 verschwonnen as, war d'Spille vum Kasperltiater, de Jaare laang Stäfesdag an Enn Januar um Programstung. Ma dat junkt Vollik guf ze wibbelig an huet ët keng 2 Stonne mi ausgehaal fir nozelauschten a 'matzespillen'. Duerch d'Televisioun kreien së och all Dag deer Märcher fir gesaat.

De Kontakt mam Verband vun de Lëtzebuerger Scouten war gud; d'Dikricher Scouten hun sich su vill wi méiglech un den Aktivitéiten, déi organisiert guffe, bedeelegt; eng Parti Chef hun och am Laaf vun de Jaaren aktiv an enger Branchenequip oder am Verbandsrot matgeschafft.

D'Scoute bedeelegen sich och un allen Aktivitéiten, déi an Dikrich proposiert an organisiert gin:

- d'Muttergottesprozessioun, bei deer d'Pionnier 'nach ëmmer den Himmel droen';
- de Paardag, un dem se am Ufank eng Haaptroll haaten;
- d'Kavalkad, wu d'Pionnier al Jar e flotte Won bauen;
- um Nationalfeierdag mat Fakelzuch, Fête populaire, Tedeum;
- de Krëstmaart;
- d'Kiirmes an Al Dikrich; hei grille mer vun Ufank un an eiser Bauereichen. Al Dikrich as e Begrëff gin fir d'Scoute an hir best Recette. Den Emsaaz as permanent an d'Luut gaangen, ma och d'Aarbicht. Et muß e vill Lett hu fir vu mëttes 5 Auer bis nuets 2-3 Auer am Damp an an der Hëtzt d'Client'e vum Fest zefridden ze stellen. Dofir sen se fru, dat d'Amicalen, fréier Scouten an och Eltere vun hire Jungen, newent all hire Membere, vun den Explorer bis bei d'Rover su kräftig do upaaken. Hinnen all e Merci fir hiren Asaaz, oni deen d'Scoute nët kënnen déi 5 batter Dee iwer d'Bühn bringen. Mat der Recette kënnen se Aktivitéiten lancieren an hir Homer ënnerhalen, ëm déi se beneid gin.

Zum Schluß nach puer ganz perséinlich Gedanken:

- dem BP seng Idi muß schon eppes Formidabeles sën, sos giffe nët nach hett, 85 Jar no der Grëndung, iwerall uerschtert Welt d' Bouwen an och Meedercher sich dovü begeestere lossen. Och hei zu Dikrich waren a sën nach ëmmer vill Jungen an de Scouten; ma ët as nëmme méiglich, wann së gud encadriert sën a vun erwuessene Chef(tainen) geleet gin. Mir hun hei zu Dikrich an de letzte 25 Jar, déi ech integral als Chef matgemaach hun, déi immens Chance nach ëmmer Erwuessener bei eis gehaat ze hun, déi och no hirer Jugend vum Scoutissem gepaakt waren. Vill frei Zeit hu mer am 'Floss' verbruecht, et ware flott Stonnen derbei, heiansdo as ët engem schwier gefall owes nach an eng Versammlung ze fueren, ma ech méngen et war derwert.

- ëch wënschen mengem Grup och an Zukunft nach genuch Chef(tainen), déi dës Aventure agin.



Jacques Dahm
Grupechef

1967

Dikricher Scouten: 1967 - 1992

Am Jar vun eisem 50. Anniversaire lafen ausser de speziellen Aktivitéiten, déi grussen Uklank fannen, och eis normal Aktivitéiten.

D'Michèle Croisé gët AWC, de Georges Feltz an den Théo Jacoby gin ATC genannt.

Eis Rover sammelen 145 kg Medikamenter bei den Doktoren an der Emgegend.

D'Explorer sën an der Stad bei enger nationaler Organisatioun, dem Ouragon, derbei; 9 kreien de Sportsbadge; an engem gruussen Zelt féieren se verschidden Technique vir.

Och bei de Wëllef left eng national Manifestatioun duurch d'gaanzt Jar, si heescht 'Batzko'. Hire Peistcamp as zu Beidweiler. Um Jubilee-camp um fréiere Päidsrennen, un dem och den Erwgroßherzog Henri deelhëlt, së Scouten aus 5 Truppen derbei.

Den 23. Juni hun d'Wëllef mat dene vu Colmer an lechternach e Jubilee-Rallye an der Haardt.

Den 2. Juli as den 1. Auto-Explo-Rallye.

Um nationale Wëllefchersrallye zu Niderkouer kreien eis Wëllef den Ieremast.

Freddes de 14. Juli as engt gruust Lagerfeier zesumme mat de Guiden op der Kluuster.

Summercampen: d'Scoute sën zu Surré; d'Pionnier machen e Mini-Camp-volant beim Stausee a kommen durno och op Syr; d'Rover sën op engem Schaffcamp zu Pierre sur Haute an der Auvergne. D'Michèle Croisé mëcht de Wëllefchersgiwell um Neiheisgen mat. Ufank September huele 4 Mann un engem Cours vun der Protection Civile zu Schëmpich deel. Um Jamboree an Amerika sën och Dikricher derbei.

De nationale Chefdag as zu Dikrich. De Pionnier hirt neit, rut Hiem gët virgestallt. Den AU Marcel Groff kret de Gilwellfoulard an de Woodbadge vun der Scoutsbranche.

Well d'Wëllef zu 68 sën deelen së sich an 2 Rudelen op.

De Challenge de la Route ass zu Dikrich mat moies engem Volleyball Championnat a mëttes enger Visite vun der Kläranlag op der Bleesbréck.

D'Jubileumsaktivitéite gi de 26.11. mat enger Ausstellung am Floss ofgeschloß.

Um Tiater mat de Guiden, den 3 Mol gespillt gët, maachen nëmmen d'Wëllef mat engem Lidd an d'Rover mat enger Revue mat.

1968

Uusterdënsdig a Mëttwoch hun d'Scoute zesumme mat Gammascoute a Kanner vun Dreibuer am Kader vum Mot d'ordre e Raid. D'Pionnier maache mat der JEC an der JOC e Football-Kicker-Cross-Turnier.

D'Ausdroe vun der Revue an dem Familieblad, durch dat mer eng Parti Suen an d'Caisse kreie, gët vum Louis Minette organisiert. Fir d'Borschte mi ze motiviere, kreien si och e klenge perséinlichen Undeel.

Am Abrël sammeln d'Rover 14 to Papeier an Dikrich. D'Amicale II organisiert hiren 2. Explo-Auto mat 11 Equipen.

Mir së beim Begriefnis vum Här Deche Colling derbei.

De regionale Peistcamp as an der Fiels. De Jimmy Trauffler an de Robert Maquil maachen de CEP vun der Scoutsbranche mat, si kreien och hir Ernennung als ASM; d'Rover sën zu 3 um Roverraid.

Michèle Croisé gët Akela an de Will Lorang Roverchef.

De nationale Wëllefchersrallye as de 7. Juli an der Seitert.

En Deel vun de Scoute geet mam Pilgerzuch mat op Lourdes, déi aner hun e Camp zu Fëschbich. De Jean-Marie Trauffler hëllt um Scoutsgilwell deel. 5 Rover maache e Camp an Tunesien.

Um Chefdag zu Esch kret d'Michèle Croisé de Gilwellfoulard an de Woodbadge vun de Wëllef, de Grupechef Marcel Thillen d'gëllent Verbandsofzeechen. D'Cecile Reuter gët seng Demissioun als Wëllefcherscommissairin.

Eis Wëllef fuere mat 2 Rudelen; d'Scoute gi lo definitiv an Explorer a Pionnier opgedeelt. Dëst geschitt mat enger spezieller Investitur nom Säfekësterennen um Goldknapp a Präsenz vum Scoutscommissaire an dem Regionalcommissaire. D'Pionnier hun och lo hir rud Hiemer.

D'Pionnier sën an der Krëstvakanz zu Schoos op enger Krëstentreprise un där sich och d'Lett aus dem Duerf bedeelegen.

Am Laf vun de Wantermingt organisiere mer Mëttwochsowes

Atelieren am Home, déi och fir d'Membere vun anere Jugendvereiner geduecht sën.

1969

Tiater mat de Guiden de 14. a 15. März, wu all Branche engt Stéck opféiert.

D'Explorer an d'Pionnier hëllefen um Go-West zu Ettelbréck;eng regional Aktivitéit vun de Pionnier.

Den 1. Mee sën d'Wëllef an d'Explorer um Neiheisgen, wu de Cinquantenaire vum Verband vun de Lëtzebuerger Scouten gefeiert gët.

De Peistcamp vun de Wëllef as zu Nacher. D'Explorer sën zu Befort um Regionalcamp. Patrull Réi huet den Irefanion vun der bester Patrull krit.

Di 2 Wëllefchersrudele klassieren sich rëm virop um nationale Rallye. D'Rover kreien d'Coupe vum Cinquantenaire um Challenge de la Route am Basket an am Volleyball.

D'Pionnier bedreiwe während 4 Owender e Grillstand um Fest 'Al Dikrich';et gi fir ± 17.500.- Fr Koteletten, Hamburger a Schaschlike verkaaft;dëst as den Ufank vun der regelméissiger Participatioun mat eiser Bauerekichen un dem Fest.

Am Summer leien d'Scouten zu Todler bei der Sauer. D'Pionnier gin op e Camp an Éistreich.

Um Chefdag zu Walfer kreien hir Ernennung: Jimmy Trauffler TC, Lucienne Haagen AWC.

Bei der Mass fir den Deche Legros së mer derbei, wi och bei der Installatioun vum neien Deche Wirtz. Bei der Ovarioun fir de Jean-Pierre Bergh an de René Steichen,2 fréier Scouten a Membere vun Amicalen, als nei Gemengerotsmemberen feele mer och nët.

D'Rover organisieren e Nuetsraid, de bësse laang geroden as. D'Pionnier halen Disco'en am ewischten Home of, déi e grusse Succès fannen!

De Charel Bonert, de Marcel Schwinninger an de Robert Schmitz kreien hir Chefkaart als ASM.

1970

Den 22. Februar as Tiaterowend `Revue bei eis doheem` mat de Guiden, wu all Branche en Thema vum vergaangene Jar an Dikrich ënnert d`Lup hëllt.

E Questionnaire iwert `Jugend und Synode`, als Virbereedung op d`Synod vum Dekanat gët beäntwort. E Punkt den oft beschwaat gët am Gruperot as d`Besetzung vum 1. Parrot, virun allem wat d`Jugend betrëfft.

An der Uuustervakanz sën d`Explorer 3 Dä zu Harel.

D`Pionnier organisieren e Zyklus vun 3 Week-ender mam Thema: `Jeunesse - Amour, Notre société est-elle vraiment pourrie, Loisirs`.

Fir den 30. an 31. Mee gët eise Scoutspark a `Floss Springs` ëmgewandelt fir d`Fest `Go West`.

D`Monique Ludovicy kret seng Ernennung als ASWC.

D`Explorer sën zu Rullgen um Regionalpeistcamp. D`Rover campieren an der Schleef.

An der Seitert hun eng 80 Wëllef eng `Grus Safari` als Regionalrallye.

Fir den Dikricher Guiden hire 25. Anniversaire hëllefe mir un engem Lagerfeier, dat si am Park organisieren.

Bei de Pionnier gët ët heftig Diskussiounen iwer Zesummenaarbicht mat de Maxi-Guiden; et geet ëm ganz oder deelweis Zesummenaarbicht.

De Summercamp `Clamipri` vun den Explorer as am Fënsterdall. D`Pionier gin an England. Si hu su munnig Iwerraschungen erliewt. De Jacques an de Jemp Dahm an den Théo Jacoby maachen um `Nondipio a Cromagnon`-Gilwell um Neiheisge mat. De Robert Schmitz as bei enger Delegatioun, déi bei d`UNO op New-York geht, derbei.

An der Vakanz as eng Abschiedsfeier fir den Aumonier Marcel Groff. He war nët nëmmen Aumonier, mä komplette Scout, den och aktiv um Camping matgewiirkt huet. He war de letzten Aumonier den Zeit fonnt hot, fir sich voll an de Scouten anzesetzen.

Um Chefdag zu Péiteng kret de Jim Trauffler de Gilwellfoulard an de Woodbadge. De Paul Bonert an de Camille Dahm kreien hir

Ernennung als ATC.

Bei de Guiden hirer Semaine des Jeunes paake mer eng Hand mat un.

De Jacques Dahm gët TC bei den Explorer.

Bei de Rover as d'Loft raus an déi puer, déi nach do sën, gi bei d'Pionnier zrëck.

De nëien Aumonier John Bintz schafft aktiv bei de Krëstfeiere vun de Branche mat.



De 7. Februar geht den 'Tele Dikrich' zweemol iwert d'Bühn am Festsall vum Kolléisch.

Pellemsonndig um Chefdag um Fieldgen gët Lily Adler Wëllefchers-commissaire adjoint.

D'Explorer maachen op der Scoutsolympiad an der Stad mat a verschidde Membere schnedde gud of. D'Amicale III huet 9 Equipen op hirem Autorallye den 1. Mee.

72 Wëllef vun Dikrich, Echternach, Ettelbréck a Fiels maachen zu Weiswampich e flotte Regionalpeistcamp. D'Explorer sën um Regionalpeistcamp zu Grenzen. Si së nët su zefridden.

D'Micheline Schiltges gët ASWC genannt an um Rallye um Houwald gin d'Wëllef ennert d'Superruddele klassiert.

De Marcel Thillen gët fir seng 15 Jar Grupechef geiert.

D'Explorer an d'Pionnier halen e Summercamp zu Eschduerf mat enger Participatioun um Maxiround, enger nationaler Aktivitéit vum Verband beim Stausee. D'Lil Adler an d'Monique Ludovicy maachen um Giwell fir Wëllefcherschef mat; puer Rover sën op engem Camp am Libanon an 1 Scoutschef um Jamboree a Japan.

Nom Chefdag zu Hesper op dem de Jacques an de Jemp Dahm de Gilwellfoulard an de Woodbadge kreien an de Jim Trauffler an d'Pionnierequip kënnt, geet ët Mëtt Oktober mam Jamboree on the Air bei de Pionnier a mat der Montée rëm richtig lass no der Vakanz.

D'Nuetssortie organisiert vun de Rover huet mat 10 Equipen e gruusse Succès.

Well vill gebastelt gët, gin 2 vun den ale Patrullenecker, déi bei der

neier Scoutsmethod nët mi gebraucht gin, an Atelieren ëmgewandelt an och demno ageriicht, mat enger Huwelbänk an Handwierksgeschiirschaf. Do bastele mer dann och Krëstmotiver aus Holz a mat ale Wuurzele vu Riewen fir viru Krëstdag an Dikrich ze verkaafen. Dëst war su e klengen Ustuuss zum Krëstmaart.

An alle Branche gët et bësse Problemer well nët genug Chef do sën.

Um Tiaterowend den 12. März, de mer wi di letzt Jare mat de Guiden zesumme spille, féiere mer engt gruust Stéck op (Mir kreien och eng Televisioun) mat puer klengen Einlage vun de Wëllef an de Wichtel. Et war nët dee Succès!

1972

D'Peiste sën d'Wëllef mat Ettelbréck a Meersch zu Rouderschen op engem flotte Piratecamp; d'Explorer an d'Pionier op der Giewelsmillen um 10. Regional-peistcamp, de wi all di aner vu Webesch Camille, dem Regionalcommissaire, mat geleet gët.

De René Esch an de Guy Thillen kreien eng Ernennung als ATC.

An Al Dikrich së mer lo well fest implantiert; d'Preisser se ganz sozial: Thüringer 15.-, Schachlick 25.- a Kotelett 35.-.

D'Wëllef klassieren sich um nationale Rallye zu Ettelbréck rëm ënnert d'Super-meuten.

D'Explorer halen hire Summercamp zu Lellgen of; d'Pionier trëpelen d'Our rof.

D'Marie-Thérèse Boever, dat vu 1958 un als Cheffaine gehollef huet, gët seng Demissioun.

Och dëst Jar gi rëm Arrangementer fir Krëstdag gebastelt an op der Liberatiounsplaz verkaaft.

Op Fuessamsdig spille mer fir d'10. Kier zesumme mat de Guiden Tiater. Dës Kier ënnert dem Thema 'e Fuesowend'.

1973

D'Peistcampen sën dëst Jar: zu Mëchelbuch fir d'Wëllef; zu Uesweller fir d'Explorer - hei leeft e wonnerbare nationale Camp mat flotte Konstruktiounen a Spiller ënnert dem Num 'Dynamo'; zu Récken un der Mess fir d'Pionier - si lieren de Minette bësse kennen.

D'Explorer sën zu Bëschruedt um Summercamp; d'Pionnier leien am Nopeschduerf zu Rëmerich.

De 14. a 15. September as rëm eppes mi las am Floss: mir feire 25 Jar Scoutshome am Floss mat enger Ausstellung a flotten Aktivitéiten bei idealem Wieder. Eng Woch drop sën eng 80 fréier Dikricher Scouten bis matten an der Nuecht do fir sich ze erënnere.

Well de Kaploun Bintz fortgeht, kreie mer den Här Deche Reckinger als Aumonier. He versicht su oft wi méiglech derbei ze sën, wat em oft gelingt. Mer leen och eise Pefferkär bei verschiddene Virlage vun der Synod bei; och an der Parzeidung kënne mer eng Seit gestalten.

Den Théo Jacoby gët Trupechef bei de Pionnier genannt.

An der Roverbud gët su munches ëmgeännert, d'Pionnier awer och eis Unisstudenten paaken gud mat un.

1974

De ganze Grupp fiert zu 115 Memberen de 6. a 7. Abrël en Trip an Holland man; iwert d'Baraque Fraiture fuere mer op Tudderan an de Safaripark. Owes schlofe mer zu Sittard an der Jugendherberg. Sonndes gi mer no enger aparter Jugendmass zu Venlo op Eindhoven an den Evoluon vu Philips. Et ass e ganz flotten Ausflug.

D'Wëllef sën di best op engem Regionalrallye op der Giewelsmillen.

Dikricher Wëllef erliewen zesumme mat dene Fielser e flotte Peistcamp zu Wolwen. D'Explorer an d'Pionnier campieren zu Bettel.

D'Patricia (Vicky) Heijnen gët AWC, de Pol Gillain ATC.

Zu Manternach um 'Ahoi Glu Blup'-camp schléissen d'Explorer hir Expeditioun Piraten of. D'Pionnier gruewen zesumme mat Scoute vu Mons en Tumulus aus der Bronzezeit aus. 600 Stonne schaffen se tëschent Reisdorf a Heisdorf.

Um Zeltfest vun der Musik hëllef mer de Kannernomëttig animieren.

Um Chefdag am Kolléisch an der Stad kret den Théo Jacoby de Gilwellfoulard an de Woodbadge.

De Jacquot Junk an de Paul Thillen gin ATC Pio genannt.

D'Pionnier bastelen Adventskränz, déi se an der Grusgas verkafen; de Boni as fir d'Gamma-Scouten.

Dat neit Jar finkt mat engem bise Schlag fir eis un. Mir hun eise gudde Minett's Louis verluer. Hen hat zwar ni eng Ernennung als Chef, he war awer ëmmer do fir eng Hand mat unzepaaken; hen huet eist Material op de Camping gefouert a sich während 7 Jar em d'Verdeelung vun der Revue bekëmmert. Dës Aarbicht gët lo mol vum Georges Minette virugefouert.

1975

D'Wëllef maachen e WE zesumme mat dene vun Esch.

D'Pionnier spille Kasperltheater. Den 8. Mee ass engt Dschungelfest am Floss.

D'Peistcampen sën zu Nacher fir Wëllef mat dene Belairer a Bartrenger; an der Fiels fir d'Explorer; zu Beeteburg fir déi Explorer a Pionnier déi mat op de Jamboree gin.

Dat gruust Ereegnis fir d'Scouten, op dat si well iwer e Jar zou geschafft hun, as de Nordjamb 'Five Fingers one Hand' a Norwegen. Mir leie zu 9 Explorer a 5 Chef an 13 Pionnier an 3 Chef mat 15.000 Scouten aus der ganzer Welt un engem Floss bei Lillehammer. Et ass engt phantastischt Erleewnis, dat mer ni mi vergässe werten. No den 10 Dee Camp lewe mer nach puer Dee an enger Norwegischer Familien: d'Explorer zu Bodø an d'Pionnier zu Bergen.

Nom Chefdag um Belair geet ët rëm viru mat den Aktivitéiten: Jamboree on the Air zu Ettelbréck a Montée um Botterweck newent de normale Versammlungen, Sortien, Weekender a Cheftrainer. Bei eise Rover as och rëm eppes mi las.

Eise Grupechef de Marcel Thillen iwerhëllt d'Charge als Commissaire fir Grupechef am Verband.

Op engem Owend am Vereinshaus gët mat Diaen, Photoen an enger Ausstellung e Réckbléck op de Jamboree gamaach fir d'Elteren. D'Pioen verkafen gleichzeitig hir Krëstarrangementer.

De Valy Lefèbre an de Louis Lorentz kreien hir Ernennung als ATC.

1976

E vun de WE religieux fir Explorer as am Floss: déi Dikricher, Déifferdinger an Ettelbrécker huelen zu 63 drun deel.

D'Rover hëllefe beim Ustreichen am Vereinshaus.

Fuessonndig spille mer no enger klenger Paus mol rem Tiater zesumme mat de Guiden; et sē vill Lett do bei enger gudder Ambiance.

Um Parfest spillt de ROPI-Orchester, d'Explorer weise Filmer an de Max (GC) animiert d'Spill 'Sonntagsmaler'.

An der Uustervakanz sēn d'Rover um RARO-Camp zu Buurschent um Schlaß. D'Pionnier maachen de Rettungsbrevet.

D'Pioen an d'Rover verkaafe während puer Jar Gedrinks um Marche de l'Armée.

Peistcamp fir Explorer mat Ettelbréck zu Welschend;mat Ufank vun enger gemeinsamer Expeditioun, déi als Ofschloß eng Olympiad den 11 Juli op der Pist um Härebierg virgeseit, wu och d'Aventure vun Dikrich matman.

D'Pionnier hëllefēn zu Betzdorf op enger Aktivitéit vun der nationaler Piosequip eng Spillplaz opriichten.

An der Sommervakanz sēn d'Wëllef mat dene Beggener a Luerentzweller zu Huelmes um Camp; d'Explorer sēn zu Mecher/Klierf an d'Pionnier an der Schleef. De Camille Dahm an de Louis Lorentz maachen de Scoutsgilwell mat.

D'Explorermaîtrise iwerhëllt d'Verdeelung an d'Verrechnung vun der Revue. Si kreien och de Boni a kënnen sich dodurch mi flott Expeditiounen erlaben.

Um Chefdag kreien d'Rover eng Batterie Dëppen als Preis vum Challenge de la Route.

Op der Montée gët de Marcel Thillen fir 20 Jar Grupechef geëiert.

De Paul Thillen gët ATC Pio.

Op engem WE zu Bilschdrëf wannen eis Rover de Rallye.

Am Oktobergruperot gët laang diskutiert op en d'Maîtrise soll mat Cheftainen a Chef gemëscht virgesin. Dëse Problem interessiert virun allem d'Wëllef;d'Cheftaine fannen, dat ët mi einfach wir, wann si och Chef hätten.

D'Explorer hëllefēn als Trup bei der Formatoun vu neie Chef um Neiheisgen.

Bei de Wëllefcher gi Chef an d'Maîtrise geholl.

D'Explorer an d'Rover gin zu Gasperich um Cross di 2. am Generalklassement.

Pionniere an d'Caravelle spille Kasperl.

De René Esch krett seng ATC-Pio-Ernenning.

D'Rover fuere bei der Aweigung vun der Velospist 'Dikrich-Reisdorf' mat.

Beim nationale 'Scouting 77' am Abrël, wu all Gruppen d'Scoute am Publik solle weise, hu mir gemeinsam Aktivitéite mat de Guiden: Quiz, Diamontage, Uustereer-verkaaf an der Grusgas, Velosrallye, eng Jugendmass, de Nuetsrallye als 1. Challenge Louis Minette an als Ofschloß: e ganzen Dag an der Grusgas mat Spiller, Stänn an Animatioun.

D'RARO schaffe mat der Rangerequip am Heem zu Schrassig un enger Spillplaz. Si sën zefridde, trotz dem schlechte Weder.

D'Peiste hu campiert: d'Wëllef zu Mëchelbuch um Peckelshaf; d'Explorer hun d'Fiesta vun hirer Expeditioun 'Schrott op 4 Reeder' zu Mecher, si maachen hir Goukare ferdig a flitzen domat biergof, ët gët alles op engem Film festgehalten; d'Pioen maache am Fënsterdall e Sport- a Radexplo.

D'Rover hun en immense Succès mat enger Disco am Chalet Schwemm.

Famill Reuter versuergt eis well 25 Jar eise 'Floss'; dat gët gefeiert.

Op enger flotter Plaaz bei der Klierf campieren d'Explorer de Summer zu Lellgen. D'Pionnier mache während derselwischer Zeit e Camp volant vun Elwen op Pëtsch, wu si da nach 5 Dee bei engem Bauer schaffen. D'Rover sën e Mungt ënnerwee; op der Ile d'Houat campieren si bis de Sturem hir Zelter matweg geblosen huet.

Nom Chefdag zu Grevemaacher krett d'Wëllefmaîtrise männlich Verstierkung vum Georges Dahm, dem Guy Junk (Willi) an dem Louis Lorentz.

Jamboree on the Air mat de Pionnier an eng Entreprise iwer Drogen bei de Rover së markant Punkten am Hierstprogramm.

Brung T- a S-shirte mam Emblème vun den Dikricher Scouten sën endlich ukom.

1977

Beim 1. offizielle Krëstmaart organisiert vun der Union commerciale an Dikrich sê mir natürlch mat Spiller derbei; déi Jaren duerno kommen och aner Vereiner an ët gët ëmmer mi kommerziell.

1978

De 5. Februar gët Tiater mat de Guide gespillt.

Uustermeendig as de Scoutscross, un dem mer zweemol zu Gasperich derbei waren, zu Dikrich hannert der Piscine. 'Eng gudd Saach' set de Grupechef.

Am Mee ass muenches lass: d'Explorer fueren zu Mersch am Kannerduerf bei engem Säfekësterenne mat; bei der Aweigung vun der 1. Foußgängerzon vum Land hei zu Dikrich sê mir zesumme mat de Guiden fir d'Animatioun verantwortlich; de Nuetsraid 'Challenge Louis Minette' gët vun de Rover organisiert.

Iwer Peiste campieren d'Explorer op der Giewelsmillen.

Am Summer hun d'Wöllef en Dschungelcamp zu Nogem; d'Explorer, mat denen Céissinger, bauen op hirem Camp zu Manternach Flooser a paddelen domat op der Syr. D'Pionnier maachen en Trip a Schottland mat engem Openthalt zu London; um Gilwell Expio sën de Flory (Pol) Lorentz a Pol Thillen. De Rover hire Bretagne-Camp gerit rëm an de Stuurm.

Nom Chefdag zu Esch kënnt de Guy Thillen an d'Equip Roverbranche.

De Georges Minette gët ATC Explorer genannt.

Mir kafen Diamaterial: Projekter - Ecran - Dësch.

De Claude Bodeving kret eng Ernennung als ATC Pio.

Mir halen op d'Revue an d'Familieblatt an Dikrich ze verdeelen, wat mer zënter 1966 gemaach hun.

1979

WE vum Gruperot am Seminär an der Stad vum 20.-21.1.79.

Mir maache zu 85 bei der 1. neier Kavalkad mat: Fousgrup als Réimer a Gallier.

D'Amicale 5 hëllt dat gruust hëlzend Kreiz, wat un der Mauer hannen an der Kiirch hung rof, a si stellen et vir am Chouer op.

De Louis Lorentz gët AWC ernannt

De Peistcamp vun de Wöllef as mat Belair zu Helzen, de vun den Explorer beim Foyer Bamerdall zu Dikrich.

Vu Peistfreddes bis Peistsonndes feiere mer '31 Jar Homer am Floss - 62 Jar Dikricher Scouten' mat enger Kiirmes am Floss ënnert dem Num 'Flossix' (Thema Asterix).

Zu 40 fuere mer mam Pilgerzuch mat op Lourdes, wu mer um Camp des Jeunes an Zelter schlofen a virun allem am Krankendengst hëllefen. D'Pionnier maachen duerno nach puer Dee en Trip durch d'Pyrenaeen.

Um Neiheisgen kreien d'Explorer um nationale Scoutsfilmfestival den 1. Preis 'd'selwer Hirschkou' fir hire Film "Flosschaaz"

D'Explorer bastele Kadoe, fir de Lett am Spidol fir Krëstdag eng Freed ze man

D'Pioe verkafe selwergebastelt Käärze um Krëstmaart.

De Paul Lorentz gët TC bei de Pionnier.

Visite vun enger Delegatioun vun der Equipe fédérale am Gruperot den 28.2.

1980

Um Tiater mat de Guiden féiert all Branche eppes op.

D'Rover schaffen am Häerebiereg an eisem Bongert, de mer vun der Joffer Leyder geschingt krit haaten; si botzen en a planze 15 Riewesteck fir e Wengert unzeleen.

D'Peiste sën d'Wöllef zu Eischer; d'Explorer zu Walsdorf zesumme mat dene Feelser; si sën mam Velo dohinner gefuer; d'Pionnier zu Bettel och mam Velo; d'Rover zu Duelem um Nationalcamp 'Alternativ'.

De Louis Lorentz gët Akela; d'Maryse Kaufmann an de Georges Dahm AWC.

D'Pionnier maachen e Summercamp zu Welschend

Besuch vun der Raroequipe am Floss bei 20 Dikricher RaRoen

Am Gruperot get och Formatioun gemaach: de Gruperot get all Kier vun enger anerer Branche virbereed a geleet; mir liere mol rem Kniet man. De Mot d'ordre 'Vill Freed dobausse' get och diskutiert a versicht an eis Aktivitéiten anzebauen.

1981

Am Januar as eng Journée fir Explorer am Floss fir Dikricher an Ettelbrécker Explorer.

De Gruperot huet eng Fuesoirée an der Roverbud mat enger Raclette.

Bei der Kavalkad sën d'Explorer an d'Wëllef d'Flosspiraten op engem Schëff, d'Pionnier Ritter op der Ritterburg.

D'Réiwen am 'Rover-Wangert' guffe vun de Kanengercher gefrees.

Ufanks Mee as 'TAM-TAM' am Keller vun der Aler Brauerei: eng gruus Réunioun vun den Explorertruppen aus dem Land hei zu Dikrich. D'Truppen stellen hir Aktivitéite, déi mat Natur ze doen hu vir; de Grand-Duc kënnt och kucken; mir suergen dofir, dat su eng 250 Lett logiert gin an hëllefen bei der Organisatioun. D'Explorer hun e Formikarium agericht, weisen Diaen iwert d'Lewe vun de Seejomëssen a stelle selwer gedreschent Fréijarsblumen aus.

Fir d'Peiste maachen d'Wëllef e Gespenstercamp zu Kaundorf; d'Explorer campieren zu Eppelduerf an d'Pionnier zesumme mat de Caravellen zu Waldbëllig; si hun sich gud verstaan.

Um Tramp 81, engem Rallye fir Handikapierter organisiert vun de Foulards blancs hëllefen mir op 2 Poste mat Spiller.

Am Juli as e Footballturnier tëschent dem ESD, de Pompjeen, dem Schluechthaus an de Scouten.

D'Explorer leien um Summercamp zu Mecher/Klierf zesumme mat 5 Klierfer; dëst war den Ustuuss fir zu Klierf Scouten ze grënnen.

Pionnier se mat de Caravellen a mat 25 italienische Cara-Pioen zu Waldbëllig; duerno sën nach 3 Dee Homehospitalitéit fir d'Italiener verbonne mat engem Tour durch d'Isleék. Tiptop Ambiance.

Mëtt September as eng kleng Receptioun fir de Gruperot op der Gemeng, wu de Marcel Thillen fir seng 25 Jar Grupechef geiert gët (1956-1981).

Um Chefdag am Rollingergronn krett de Jacques Dahm d'selwert Verbandsofzeeche iwerreecht; he war 6 Jar President vum Verbandsrot an huet och 6 Mol de Chefdag geleet.

Um Krëstmaart verkaafen d'Wëllef a d'Pionnier selwergebastelt Saachen; d'Explorer spille Kasperl a maache Popcorn; Fredde Owes op der Nocturne spillen d'Chef och Kasperl; eng kleng Revue iwer Dikrich.

De Jacques Dahm gët neie Grupechef; de Marcel Thillen gët Ieregrupechef a bekëmmert sich nach em d'Homer an de Scoutspark.

1982

Mëtt Februar as eng national 'Porte ouverte' bei de Scouten; mir organisieren engt Stadspill fir Kanner an hun en Informatiounsstand op der Libératiounsplaz.

Den Tiater mat de Guiden steet ënnert dem Motto: 'E flotten Owend'.

Eng nei Bud fir Al Dikrich gët geplangt a bei Lorentzen am Atelier prepariert; ët as eng Eisekonstruktioun mat Pannoen aus Sperrholz.

D'Peisten halen d'Wëllef hire Camp zu Biirde; d'Explorer hun e WE zu Kayl mat de Kayler Scouten als Preparatioun fir de Jubica; d'Pionnier schaffen am Floss.

Pionnier spillen geent d'Rover Football: 5-7.

D'Solange de Waha gët AWC ernannt.

Eng 50 Dikricher, Ettelbrécker a Klierfer Explorer hun eng Mini-Olympiad um Haerebiërg.

Nationale Camp fir Explorer 'Jubica' zu Betzdorf, fir de 75. Anniversaire vum Scoutissem ze feieren; eis Explorer së mat dene Kayler a Klierfer zesummen.

D'Pionnier an d'Rover fueren op e flotte Camp an Irland.

D'Jugendpastoral soll frësch ugekuerbelt gin; d'Chef sollen eng Hëllef kreie fir mi reliös Momenter mat an d'Aktivitéiten ze bringen. De Jean Braun, eisen neien Aumonier, wëllt dat durch regelméissig Versammlungen mat de Chef vun de Guiden an de Scouten erreechen.

Dëst Jar hu mer um Jamboree on the Air en Dikricher Scoutschef als Operateur: de Jean Schmit.

D'Jacqueline Meyers kret seng Ernennung als AWC.

Mir hun och mol rem eng Kier Ierememberkaarte verkaaft.

Et gët am Verband vu Koedukatioun geschwat; am Gruperot maache mer och eis Gedanken dozou; d'Branche se nët ganz warem dofir; si wëllen op kee Fall eng permanent Zesummenaarbicht mat de Guiden.

1983

Pionnier sen als Hexe bei der Kavalkad derbei

Mir hëllefe bei der Faastenzop an der Par.

Pionnier maachen iwer Uusteren e flotte verlängerte WE zu Harel mat den Dikricher Caravellen

D'Explorer kreien als 1. Preis op engem WE zu Sandweiler e Pyrogravureapparat.

D'Wëllef vun der Mini-Equip Norden (Dikrich, Ettelbréck, Wolz) gin an engem Stäremarche op Todler, wu se Spiller maachen.

D'Solange de Waha an d'Jacqueline Meyers gin op de Wëllef-Gilwell; de Georges Minette op den Explorer Gilwell.

Summercampe vun de Wëllef zu Everleng, vun den d'Explorer mat Belval-Metzerlach zu Bruch/Mersch, de Pionnier zu Réimich.

Pionnier klappen dëst Jar d'Rover 5-0 beim well traditionnelle Footballmatch.

Mëtt September as en Dag vun de fréiere Scouten, fir 35 Jar Floss a 66 Jar Dk Scouten ze feieren; eng 100 Lett hu Mëttes am Floss gääss an um Rallye zu Fouß ronderem d'Seiert matgemaach.

Um Krëstmaart verkafen d'Wëllef, d'Explorer an d'Pionnier selwergebastelt Saachen ënnert enger neier Dekoratioun.

De Pol Thillen an de Georges Meyers gin ATC genannt.

1984

Pionnier gin op der Kavalkad als Bäckere mat.

Op Halleffaasten spille mer eisen Tiater mat de Guiden.

Am Abrël sen d'Wëllef op engem Sportsfest zu Ettelbréck mat der Miniequip Norden.

Mir maache beim Tramp fir Handikapierter mat, den des Kier vun Ettelbréck op Colmar geht.

Den 22.6. kënnt de Großherzog Jean an d'Großherzogin Joséphine Charlotte op Dikrich fir en offizielle Besuch. Op der Libérationsplaz droen d'Gesangvereiner, d'Musik, d'Scouten an d'Turner eppes vir.

Am Kader vum Mot d'Ordre 'Handreechen' invitiere mer de 24.6. Kanner aus dem Heem vun Itzig. Mir offrieren 16 vun hinne e flotten Dag an der Natur.

Mir kafe nei T- an Sweat-shirter mam Emblème Dikricher Scouten.

Fir de Summercamp sën d'Wëllef zu Habscht, leien d'Explorer zu Bettel a fuerend'Pionnier durch d'Bretagne.

Mëtt September mëcht d'Chefequip e Pélérinage op Hinzert, wu den Tony Noesen am Bësch erschoss guf. An der Kapell um Site vum Kazett gët en ale Scoutsfendel durch eng hëlze Plak mat enger bleiener Fleur de lys ersat; d'Aschrëft erënnert un déi 2 vun de lëtzebuerger Scouten, déi hei hirt Lewe fir d'Heemicht gelos hun.

Beim Jota (Jamboree on the Air) hu mer Scoute vu Speicher op Besuch.

De Georges Minette gët TC bei den Explorer genannt

Viru Krëstdag organisiere mer mat de Guiden eng Krëstveillée fir Kanner; et geht am Kockelbiërg fort laanst d'Seiert rof an de Floss, wu op der Spillplaz bei engem Feier an enger Tas Kakao ofgeschloß gët. Ennerwee gi Geschichten zum Thema erzielt.

Di drei ënnischt Branche gi bei der Kavalkad mat: Thema eng Chimiestonn. Si kreien den 1. Preis fir hire Won.

1985

D'Wëllef gi mat der Mini-Equip Norden op Meersch an d'Kannerduerf; si hu Dëschmini-golfe gebastelt an droen do Matcher aus.

Mat de Guiden an den Ettelbrécker Guiden a Scouten organisiere mer zu Angelduerf an der Kiirch e Kreizwee fir Jugendlicher.

An der Uustervakanz maachen d'Pionnier zesummen mat de Caravellen e verlängerte WE zu Harel.

D'Explorer huelen zu Weiswampich un der Journée écologique deel, wu no engem Rallye puer dausend Beem geplanzt gin.

D'Rover sen um Top 85 zu Grevemaacher derbei.

Grusse Summercamp vun de Wëllef, den Explorer a Pionnier zu Géidgen.

E WE vum Jugendfestival am Kader vum internationale Jugendjar ass den 12. an 13. 10. an der Aler Brauerei mam Thema 3. Welt. D'Scouten hëllef bei der Virbereedung an och Ausféierung. D'Explorer an Pionnier maache recycelte Papeier a Paangicher.

Um Kröstmaart gët selwer gekachtent Quetschekraut a gebastelt
Männercher verkaaft. En Deel gët fir d'Entwécklungshëllef an de
Peru iwerwisen.

1986

Dëst Jar së mer Schoochtichbotzerten op der Kavalkad.

Den Tiater mat de Guiden steet ënnert dem Thema 'am
Blummebësch'.

Et gët eng Photokopiesmaschin kaaft. De Georges
Minette vertrët eis am Parrot.

D'Pionnier se mat de Caravellen um Houwald op dem Peistcamp,
den di Houwalder fir hir 40 Jar organisieren.

Den Autosrallye gët organisiert vun de Jungs.

D'Equipe fédérale ass mat enger Delegatioun am Gruperot vum
Juni. Mir wëllen de Moment mol nach keng Meedercher ophuelen.

De nationale Wëllefchersrallye gët vun der Mini-Equip Norden zu
Rolléng bei Mersch organisiert ënnert dem Thema Zwergen.

Summercampen: D' Wëllef mat, Fels, Märel a Mersch zu Helzen;
d'Explorer sën zu lernzen um nationale 'Scrica'. Et ass e grusses
Rittercamp.

Bei de Rover bliisst e neie Wand mat engem neie Roverchef, dem
Alain Kap. Si maache beim Jamboree on the Air mat.

D'Claudine Reiser an de Frank Thillen kreien d'Ernennung als AWC.

Mir hëllef en och rëm bei der Kröstveillé fir d'Kanner an der Par.

De Challenge 'Louis Minette' leeft als Nuetssortie, organisiert vun de
Pionnier, an der Kröstvakanz.

De Kaploun Paul Müller gët eisen Aumonier.

1987

Bei der Kavalkad maachen d'Wëllef mat der ganzer Mini-
Equip Norden als Eskimoe mat. Si kreien den 1. Preis vun
de Foußgruppen. D'Explorer an d'Pionnier kreie mat hirem
Won den 2. Preis fir Ween.

Zu Schëfleng as de Guiden hire Thinking Day och op fir Scouten; eis
Explorer fueren dorower.

Um Kreizwee fir d'Jugend a bei der Klackewei së mer derbei.

Um extrae Statutechefdag mëcht de Verband sich op fir Meedercher opzehuelen.

Mir së bei der gruusser Botz an der Natur vertrueden.

Fir eis 70 Jar ze feieren ass den 3. Mee als ischt Aktivitéit e Familjerallye ronderëm d'Seiert. Et ass fir déi jetzig aktiv Membere mat hirer Familjen.

D'Peiste gi 7 Pionnier op Monthey (Schweiz), wu d'Scoute mat engem Camp hire 75. Anniversaire feieren. Si sën tiptop emfaange gin.

D'Explorer halen eng Olympiad mat den Ettelbrécker um Stadion of, als Ofschloß vun enger Expeditioun 'Sport'.

D'Wëllef gin de Summer '80 Dee ronderëm d'Welt 'op de Camp op d'Kalkesbaach.

Am Foyer Bamerdall hëllefen d'Explorer bei der Fancy Fair mat Spiller.

Eng 2. Aktivitéit fir d'70-Jarfeier as e Nomëttig fir fréier Cheftainen a Chef mat Anhang. Den Uklang war kléng.

D'Chantal Teisen an d'Martine Scholer kreien eng Ernennung als AWC. De Frank Thillen als Akela.

De neie gruusse Sall ka benotzt gin.

D'Pionnier hun als Sujet op der Kavalkad: 'Di gëlle Reserv'; well kee Konfetti mi duerf geworf gin, maachen si béierdéckelgrußen aus Zeitungspapeier.

1988

Den Tiater leeft als 'Sportowend' zesumme mat de Guiden.

D'Wëllef vun der Mini-Equip Norden hun den 2. Mee e Rallye ënnert dem Thema 'Senegal', wu d'letzebuerger Guiden a Scouten e Formatiounscenter bauen.

Peisten as hannert der Piscine e Camp vun den Explorer an de Pionnier mat den Dikricher Caravellen an Aventuren an de Scoute vu Monthey a Wolz.

De Wëllef hire Summercamp ass zu Consthum.

De Jacques Dahm as fir di next drei Jar President vum Conseil fédéral an och vum Chefdag, den he leeft.


De Frank iwerhëllt d'Explorer. Bei de Rover feelt ët rëm un engem Chef, de Jacques an de Georges Minette probieren eppes unzekuerbelen, mat enger Medikamentesammlung an all Haus.

Mat de Guiden orgnisiere mer den 8. Oktober e Naturrallye an den Dag drop se mer bei der Installatioun vum Dechen Jean-Pierre Heuschling derbei.

D'Claudine Reiser gët Akela, an de Laurent Gillen ATC Explorer genannt.

En klengen Deel vum Benefiz vun Al Dikrich gët zesumme mat denen anere Vereiner (Football, Sollschlösselcher, Turner) un d'ALPAPS iwerreecht.

De 25.11. weihe mer de neien Deel vum ënnischten Home offiziell an. Fir déi Gelegengeheet hu mer eis eng Zaapanlag kaaft, déi och soss nach vill gebraucht gët.



De Marc Jung gëtt ATC Explorer genannt.

Op der Kavalkad sën d'Pionnier Möller op enger gruusser Wandmillen.

Op Wonsch vum Här Dechen geet de Jacques Dahm als Vertrieder vun de Scouten an de Parrot.

D'Pionnier aus dem Norden organisieren de 26.2. e Friddenslaaf; deelweis ënner Schnischauerer lafen eis Pioen iwer Braneburg, Laaschend Richtung Husen, wu se sich mat denen aneren Truppen treffen. Do ass eng gemeinsam Veillée.

De Frank Thillen gët Trupechef bei den Explorer genannt.

60 Explorer vun Dikrich, Klierf a Wolz halen e flotte Peistcamp zu Wolz of.

Fir 150 Jar Unofhängegkeet gët de Nationalfeierdag mat alle Vereiner op der Kluuster gefeiert; d'Scoute grillen an zape Béier.

Fir de Summercamp sën d'Wëllef zu Viichten ënnert dem Thema 'Asterix'; d'Explorer leie bei engem Bësch bei Vichten; d'Pionnier gin zu Fouß vun der Quell vun de Sauer bis bei de Stau vun Esch/Sauer an ënnersichen ënnerwee d'Qualitéit vum Wasser. Zwing Chef se mat an de Senegal.

D'Milly Hellers, Katechetin zu Dikrich, hëlleft an der animation religieuse; leider nëmme fir 1 Jar.

Den 13. November se mer am neien Tiater an der Stad derbei, wi eise Chef-Scout an enger flotter Veillée fir 25 Jar Grand-Duc geiert gët.

En Deel vum Boni vum Krëstmaart iwerweisen d'Wëllef an d'Explorer un de Projet Senegal. Och Amicale maachen do mat.

De Jos Herr e vun eise Pättère vum Fendel as gestuerwen.

D'Wëllef an d'Explorer së beim Splash vum Verband derbei; hei solle Sue gesammelt gin fir de Projet Senegal.

1990

D'Pionnier kreie rëm den 2. Preis vun de Ween bei der Kavalkad mam Sujet 'Eis knaschtig Sauer'.

De 24.3. ass Tiater mat de Guiden; dese 'Märchenowend' war de Besten zënter laangem.

Den Dag drop sën d'Wëllef mat der Miniquip Norden zu Ettelbréck am 'Zirkus'.

D'Explorer spillen an engem Footballturnier an der Sportshall geent d'Petits Chanteurs an d'Massendenger.

D'Wëllef sën als 'Urmënschen' zu Buurschent um Camp; d'Explorer als 'Indianer' zu Weicherdang um gruusse nationale Camp.

De Claude Biwer an de Jean-Luc Schmit rezykliren sich um Gilwell um Neiheisgen; si kreien dun och hir Ernennung als ATC Pionnier.

Drei Dikricher Scoute gi rëm 3 Wochen mat an de Senegal schaffen.

De Kaploun Jean Goedert gët eisen Aumonier.

De Georges Minette vertred eis bei der Verdeelung vum BP-Fellow de 26.11 an der Stad.

D'Pionier hun e Krëstcamp am Home am Floss; si schaffen un hirem Kavalkadwon a ronderem a bannen an den Homer.

Am Januar während engem Gruperotseesse gët de Grupechef geiert, well e well 25 Jar Chef an zënter 2 Mingt am Gemengerot as.

1991

D'Wëllef gin eng Kier op Echternach, di Echternacher kommen duerno rop; si maachen zesummen eng Versammlung.

De 24.3. ass e Jugenddag vum Dekanat. Am Home am Floss bekëmmere d'Scouten sich em d'Etap 'Natur' vum Rallye duurch Dikrich. Als Ofschloß ass eng Mass mam neien Erzbëschof Fernand Frank an der Kapell vum Kolléisch.

D'Amicale I (dat sën déi, déi nom Krich d'Homer opgebaut hun; si treffen sich all Jar puer Mol, eng Kier fir e ganzen Dag) fueren op Basel bei de Nuckles (Camille Thilges)

Fir d'Primiz vum Nico Wenner riichte mer e PH viru sengem Heemichtshaus op; d'Wëllef së gud beim Cortège an an der Primizmass vertrueden.

Dest Jar spillen d'Wëllef beim Footballturnier geent d'Petits Chanteurs an d'Massendenger mat.

D'Wëllef sën zu Weicherdang um 'Astronautecamp'. D'Pionnier fléien fir 9 Dee Enn Juli an de Portugal op Porto. De Laurent Gillen geet fir d'drëtt mat an de Senegal.

Um Chefdag zu Péiting, den deelweis gemeinsam mat de Guiden ass, seet eng ganz gruuss Majoritéit vun de Guiden an de Scoute jo zur Absicht 1994 ze fusionnieren.

No der Montée geet ët an d'Scoutsjar vum Jubiléium. Ganz erfreulich as, dat eis Rover rëm richtig aktiv sën. D'Wëllef an d'Wichtel feieren eng Mass zu Iere vum hellige Franz vun Assisi, hierem Patréiner.

De 16. November féiert all Branche e Stéck op eisem traditionellen Tiater mat de Guiden op.

Um Krëstmaart verkaafen d'Wëllef Schlësselanhänger an d'Ranger-Rover braue Grog.

D'Claudine an de Frank Thillen-Reiser gi beim Noël routier mat; den Ofschloß as am Prisung zu Givenich.

D'Michèle Antony an d'Carole Mehlen kreien d'Ernennung als AWC.

Jacques Dahm



EISE FLOSS **eist Heem zënter 45 Jar...** **d'Geschicht vun engem Jugendzenter**

Januar 1992

Viru 75 Jar, den 28. Januar 1917 gin di Dikricher Scouten als eng Sektioon vum kathoulesche Jünglingsveräin gegrënnt. Si hun hir "Uebungen" am grusse Saal um 1. Stack vum Maison Rouge.

1919 krett d'Baden-Powell Boyscoutsektioon, si sen du zu 23, ee Versammlungslokal op der Kluuster am Härenhaus ënnert de Kaplonswunnungen. Duer gin ech och vun 1936 un an d'Wëllefcher vun der Scoutsektioon St. Laurent.

Nom Krich, am Heerst 1944, installiren d'Scouten sich provisorisch am Veräinshaus an der Jang de Blanne Strooss.

An der Rundstedtoffensiv verbrennt dat fréiert Scoutslokal op der Kluuster a mir plënnere nees op den 2. Stack vum Veräinshaus. Mat deemols 130 Wëllefcher, Scouten, Rover a Chef as et net einfach fer do lansteneen ze kommen.

Den 5. Abrel 1946 gin "d'Scouts Tony Noesen Diekirch asbl." gegrënnt. Domat bleiwt Noesen's Tunn, eise fréieren Sektionsmaster an internationale Commissaire vun de Letzeburger Scouten, deen den 25. Februar 1944 zu Hinzert erschoss gin as, fer ëmmer mat den Dikricher Scouten verbonnen.

E Moont mi spitt gi mir Propriétaire vun engem bal 1,50 ha grussen Terrain am Floss, dee mir vun der Joffer Félicie Leyder, pensionniert Haushaltungsschulléierin, geschinkt kreien.

Den dynamische Sektionsrot mam Aumônier Charles Weiler, dem Sektionsmaster Dr. Albert Mambourg, dem Roverchef Gust Herr an dem Trésorier Frank Gorges, beschléisst... mir bauen am Floss!

De Floss, wu ech als Bouf an den drëssiger Jaren dacks zweemol des Dags d'Kéi an d'Kroechelsgruecht gedriwen hun, sollt mech mäi Leewe laang net mi lass lassen.

Deemols war de Floss nach een einfache Feldwee. No Baustesch hirer Scheier an hirem Gaart mat deene gudden Eerpelen, geet et u mat Wisen, Stécker, Gäärt a Bongerten an d'Flossbaach läft nach laanst de ganze Wee. Wann et och wäit aus Dikrich leit, hot all Mensch gemengt, deen Terrain su sching an der Sonn mat engem klénge Bësch derbäi, dat wär di idial Plaz fer ee Scoutshome ze bauen. Iwert dem Plangen kënt du och nach eng Jugendherberg mat 60 Better derbäi, fer Jugendgruppen e bëlligen Openthalt an Dikrich z'erméiglichen a mat deene Suën dat Ganzt ze bezuelen an z'ënnerhalen.

Beim Ministère vun der Reconstructioun gi fer 45 000 frs dräi ver-

schidde gruss "Arbeitsdienstbaracken" kaafft, déi nach aus dem Krich zu Schraassig stin. Mat Hëllef vun der Entreprise Schou fer d'Steemetzeraarbichten, e puer däitsche Krichsgefaangenen als Zimmerlett an eise Rover a Chef, apaarti den zwing Louis'en, als Appersmänner, gët am Fréijar a Summer 1947 dichtig am Floss geschafft.

Am Oktober hun di 4 Scoutspatrullen well hir Versammlungen am ënnischten Home an Enn Januar as di 3. Generalversammlung vun eiser asbl. am grusse Sall vum ewischten Home.

De 6. Juni 1948 as dann de memorablen Dag wu mir eise Scoutspark mam "Home Prince Jean" a Präsenz vum Chefscout vun der LBSA dem Prënz Jean a villen aneren Autoritéiten aweien. Moies gin an der Humass di nei Fendelen vun de Wëllefcher a Scouten geseent. Vu lo un lafen d'Scoutsaktivitéiten am Floss, geleet vu 9 Cheftainen a Chef. 45 Wëllefcher, 35 Scouten an 12 Rover hun all Woch hir Versammlungen an d'Lett déi ënnen am Floss wunnen kreien alt heiansdo eppes mat speziell vum "Heemgoen". Déi Zäit soll och en äleren Handweerkman, den och do gewunnt hot, an engem Dikricher Bistro gezeelt hun: "D'Scouten déi se su niddig wi d'Haresplen! Wann ech gewosst hätt datt d'Scouten an de Floss kimen, hätt ech ni duer gebaut." A no eis hun der nach vill an déi Strooss gebaut ... an déi wossten et!

Eis Jugendherberg, déi un d'Zentral vun de Gites d'Etapes ugeschloss as, gët lues a lues bekannt. Newt letzebuurger Scouts- a Guiden-truppen hu mir an der grusser Vokanz vill Jugendgruppen aus der Belscht an aus Frankreich.

1951. A schungs gin di ischt Ennerhaltsaarbichten un. Di hëlzen Terrass virum ewischten Home krett e Betonsbuedem. Nei Toiletten gin drënneger ageriicht an un eng Zëtär ugeschloss. Op den defekten Dachpapp um Daach komme gewellt Blechtafelen déi mir bëllig anzwusch kreien. Wochelaang schaffe Rover a Chef all owes bis spitt an Nuecht. Bei Schäinwerferlicht gët Blech goudroniërt an ugeschrauwt. Eemol nuets mengt de Joss zum Louis: "So weess de, wann ee mech fer dës Aarbicht lei gif bezuelen, da kim ech nët!"

Am Juni 1952 kënnt no de Famillje Closter a Kraus d'Famill Marcel Reuter-Southern als Concierge an eise Beerg. Si leewen sich siër bei de Scouten an an hellefen mat vill Idialissem 30 Jar laang eis Homer

an Touristen versuergen.

Am Juli steerwt ganz unerwaart eisen Sektionsmaster den Dr Albert Mambourg, deem säi grusse Verdéngst et as dat eis Sektion su siër aus den Nokrichsschwirigkeeten rauskënnst.

Mat villen Aarbichtsstonnen a vill Courage vum deemoligen Roverclan gët aus enger Halschent vum fréieren Toiletteschapp am Bësch eng flott Roverbud mat Schmini. A gudder Erënnung sen nach di memorabel Uuchten, Causerien a Konter a Mitt Partien.

Dat Jar hu mir 5.460 Iwernuechtungen an eisen Homer an eis Schold geet op 100.000.- frs rof.

An der Nuecht vum 14. op de 15. Februar 1953 kreie mir dann nees en uerge Coup. Eist ënnischt Home, wu d'Wëllefcher an d'Scouter hir Reunionen hun, verbrennt bis op d'Follementsmaueren. E klen-gen Holzuewen am Patrulleneck vun de Ri as d'Ursach vum Brand. Schued fer di vill Aarbicht déi grad d'letz Jar nach dra gemaach gin as an di flott Decoren vun eise fréiere Memberen.

Mee mir stin net laang derbäi ze kräischen. De Neibau gët vum Verwaltungsrot mat sengem neie Präsident dem Professor Ben Molitor autorisiert. D'gët Geld gelingt an d'Scoutshome gët rem opgebaut, des Kiër awer aus Steen a mat der Portierswunning um 1. Stack.

D'Dikricher Gemeng stellt eis en Deel vum Don Suisse-Pavillon am Megonsgaart, do wu lo d'Spillschull steet, fer eis Versammlungen zur Verfügung. D'Wëllefcher installiren sich am Keller bei der Joffer Leyder. Am Heerst 1954 zéie mir well an dat neit Home an. Eis Schold as iwert eng Veerelsmillioun geklommen an d'se keng Suën do fer Miwel ze kaafen. Mir gin eis drun an zammere selwer Dëscher a Bänken, ganz zolitter, d'stinn der nach hätt dervun an der Roverbud. Aus der fréierer Portierswunning am ewischten Home fabriziren eis Spezialisten aus dem Roverclan e rustiken Openthaltssall, den hätt de flottsten Dortoir as.

Am Dezember gët d'Muttergottesstatu "Regina immaculata", déi mir vu gudde Lett geschinkt kreien, ageweit.

Da kommen 10 Jar wu et ëm eise Beerg a seng Homer mi rouig gët. Di al Garde, déi gehollef hot bauen an déi sich och beim Neibau nach emol ferrem um Rimm gerappt hot, gët no a no bestuet a grënnt di 1. Scoutsamicale.

Eisen Här Aumônier Weiler verlisst eis am Heerst 1957. Him se mir e grusse Merci schëllig, hauptsächlich duurch seng Initiativ se mir zu eisem Scoutspark an eisen Homer komm.

Am November 1961 steerwt eis Donatrice d'Joffer Leyder. D'Plack um décke Steen neewt der Entree vum Scoutshome soll eis fer ëmmer un hir Generositéit erënnere.

Déi Zeit krett dat neit Scoutshome lues a lues och bannen an seng definitiv Form. Di enzel Branchen installiren an decoriren hir Räum a mi wi eemol gët eng kleng Strauss bis spitt an d'Nuecht gefeiert.

All Jar as lo eng Botz- a Schaffwoch am Floss a well an de Summermingt zimlich regelméissig gruss auslännesch Colonies de Vacances an eise Gîte d'Etapes kommen, kënnen mir 1965 de Rest vun eiser Schold bezuelen.

Leider hu mir an deene Jaren eis Jugendherberg vernoléissigt, su dat mir bei enger genäer Inspektioun am Heerst 1966 feststellen: Entweder musse mir gruss Modernisierungsarbeitsplanen ënnerhollen oder awer mir man eis Bud zou!! Dorop decidéiert de Verwaltungsrot mat der Amicale 1 de Coup ze woën an all Jar en Deel vum ewischten Home nei ze man. Demanden gin un d'Ministèren, d'Gemeng an d'Oeuvres paroissiales geschriwen.. an d'Subsiden déi dorop kommen oder versprach gin, man eis Courage a mir fuere lass.

1967, wi mir 50 Jar Dikricher Scouten feieren, krett dat Home nei Fënsteren a bausicht Dieren. Di Jaren duerno gët mat Hëllef vun Dikricher Handweerkstätt, déi eis ëmmer Scoutspräisser man, de ganzen Rez-de chaussée (Eessraum, Kichen, Dépôt a sanitär Räum) an den 1. Stock (Dortoiren an Openthalsraum) komplett nei gemaach. D'kënnst eng nei Trap bannen, d'gët nei Beedem, Wänn a Plafangen su datt ee vun der aler Barack kaum nach eppes gesäit. De Wee fer rop krett e neie Profil, fer datt och d'Chauffeuren mam L ropkommen, an d'kënnst eng diskret Beliichtung derlaanst. Bei deenen Arbeitsplanen gët dann och endlich d'Jugendherberg un d'Kanalisation ugeschloss.

D'Amicale 1 gët sich alt rëm un den Daach an ersetzt op engem Weekend, eemol am Mä, di 250 m2 blechen Tafelen durch Eternitplatten.

De ganze Mobiliar gët erneiert, deelweis iwer di belsch Jugendzentral, mat der mir zënter 1969 an de Summermingt zesummeschaffen.

Bei dese Verbesserungsarbeitsplanen gët och un d'Isolierung geduecht sudatt mir vu lo un d'Home och am Wanter kënnen opman. Hauptsächlich letzeburger Guiden a Scoutstruppen mee och Schullklassen a Sportsclubben kommen an de Schullvakanten an d'Weekender.

Eist Haus as durch déi Transformationen een einfachen a kam-

mouten Ennerdaach gin an dee mir all Kier nēmmen ee Jugendgrupp ophollen. - D'Home as komplett equippiert fer 50 Lett suwuel watt d'Kichen, den Eessall, den Openthaltssall an d'Schlofräim ubelaangt. Datt et de Jugendlichen an hire Chef bei eis gefällt gesi mir dodurch datt vill Gruppen, Letzebuurger an och Auslänner, ganz regelméisig ëmmer nees rem kommen.

Den Total vun den Iwernuechtungen zënter dem Ufank 1948 beläuft sich lo op 75.000.

No dēse Strapazen krett eise Floss nees bēsse Rou. Just d'Roverbud gēt nach vergräissert. Di zweet Halschent, déi ëmmer sollt een Atelier gin, gēt derbäi geholl. Puer Jar duerno installiërt eng aner Roverequipe ee Comptoir den se an engem Dikricher Bistro opdreift. Zënterher as d'Roverbud di idial Plaz fer kleng a gemittlich Uuchten a Feierlichkeeten.

An de siwenziger Jaren erleewt eise Floss e puer gruss Fester. All Memberen vun där Zäit an och d'Noperen, déi an deenen 30 Jar ëmmer mi no un eis erugebaut hun, erënneren sich bestëmmt nach drun:

- am Mä 70 "Flosssprings" mam Indianerduerf an der Westernstad, mam Planwon de Floss op an of a mam Saloon an der Roverbud

- am September 73 "25 Jar Scouten am Floss" mat der flotter Entreespaart, dem Lagerfeier, der Ausstellung an dem Dag vun de fréiere Scouten

- am Mä 75 "Dschungelfest" mat der immenser Piste duurch de Scoutsbeerg an de Wëllefchersbësch a mat der Stee vun den Dschungeldéieren beim Lagerfeier

- am Juni 79 "Flossix 31-62" d.h. 31 Jar sen di 62järg Dikricher Scouten well am Floss. - mat engem Rallye Explo-Auto, enger Mass am Bësch, engem Lagerfeier, enger klenger Ausstellung iwer dee speziellen Anniversaire an natirlich wi ëmmer dem Emgeritts wat Läif a Séil zesummen hält.

De Floss as awer och Treffpunkt fer vill aner Scoutsaktivitéiten. Su as zënter Jaren am Heerst ee Nuetsrallye an d'Emgéigend mat Départ an Arrivée am Floss. Déi Equipe wu Minett's Louis derbäi as gewënnt déi Zäit ëmmer. Wi heen du am Januar 1975 unerwaart steerwt, verléiert d'Amicale 1 hiren Animateur an di Dikricher Scouten ee vun hire Besten. Dem Louis war de Floss an d'Scouten un d'Häz gewues a mir hätten en nach vill gebraucht. Wa mir dēst Jar eemol nuets den 9. Challenge Louis Minette trëppelen, wärte mir a Gedanke bei him sen.

Ufanks den achtziger Jaren gët dann den Duschraum ënnert der Terrass neigemaach an d'Homer no a no baussen a bannen frësch ugestrach. Och dat geet alles net vum selwen an d'fällt och ëmmer en Deel of fer d'Chef, d'Rover an och fer d'Pionniër.

Am Mä 1982 zitt di portugisich Famill Gomes-Andrade an d'Portierswunnung an iwerhëllt su gutt se kann déi net ëmmer liicht Missioun eis Gebäier propper ze halen a mat de Jugendgruppen eens ze gin.

An der 37. Generalversammlung vun eiser asbl. den 1. Februar 84 as eisen Präsident vum Verwaltungsrot de Ben Molitor eng letzte Kiër derbäi. "Mir sollte fer 1985 engem anere säi Poste gin," hot e gemengt an as mi fréi heem gangen. Véier Wochen duerno as e gestuerwen. Dem Ben as eise Grupp ee grusse Merci schëllig. Zënter 1930 war hen derbäi, an di 30 Jar wu heen eise Präsident war, hot heen mat Intressi eis Aarbicht am Scoutissem an am Floss verfollegt. Als ale Scout war hen "ëmmer bereet" an hot déi Demarchen iwerholl déi soss kee wollt man.

Mëtt den achtziger Jaren geet d'Zuel vun eise Wëllefcher an Explorer ferrem an d'Luucht an d'Chef froe no mi engem grusse Sall wu och Aktivitéiten allzesummen méiglich sen ouni dat een den aneren iwerläft.

De neie Verwaltungsrot knéit sich iwer de Problem a well suwuel an der Beergcasse, durch d'Iwernuechtungen, wi an der Gruppecasse, durch eis Baurekichen an al Dikrich, zimlich Fonge sen, fällt siër d'Decisioun fer rechts neewt dem Scoutshome unzebauen.

De Plang, mat engem Sall vu bal 50 m² am Rez-de-chaussée an ënnendrënner engem Ofstellraum fer d'Campingsmaterial an engem Garage fer de Portier a fer d'Maschinen an d'Geschir fer am Beerg an am Bësch ze schaffen, gët eestëmmig approuviert.

An der Zäit as och d'Zouso vun engem Subside vun der Gemeng a vum Ministère de la Jeunesse ukomm, sudatt am Juni 87 den Entrepreneur mat Bauen kann ufinken. D'Handweerkslëtt lossen eis net am Stach an Enn-Januar 88 hu mir di 47. Generalversammlung am neie Sall. Am Laf vum Jar gët e ganz färdig. Dem All seng Schmini an de grusse Schaf laanst di eng ganz Säit sen apaarti gutt gero-den. T'as e gemittliche Sall gin den och aner Veräiner, mat deene mir vill zesummeschaffen, mol geläentlich kënne benotzen.

An der selwichter Zäit entsteet aus dem fréiere Sall vun de Patrullenecker ee praktischen Atelier mat zolitten Dëscher wu och 12 Lett kënne hummeren a bastelen ouni sich ze hënnere. Enn

November gin dann di zwu Entreprises ageweit, wi dat sich passt: well lo hu mir Plaz fer eis 133 Memberen.

Zwee Jar drop as den Tour nees um ewischten Home. Virlanst as wuel di sching gruss Terrass, mee wann et reent da gët ee naass. D'Fiichtigkeet zitt derduurch a mëcht ënnendrenner vill Misär. Jarelaang gët well un dem Problem gedoktert. En Daach mat durchsichtige Pannoën misst d'Lisung sen. Och duefir fanne mir di richtig Lett suwuel fer d'Statik ze berechnen, wi och fer d'Konstruktioun ze man. Am September 90 geet et lass an am Oktober kann ee well rouig am Reen op der Terrass setze bleiwen well t'as su flott wann et rabbelt wi an engem Zelt.

D'Jar 1990 hot eis awer och eng fatzig Iwerraschung bruecht. De Sturem vum 1. Määrz hot eise Bësch och ze pake kritt a frot net wi. Di schingst Bäm leiën ëm an e puer Akaziën hinke ganz geféierlich iwer der Roverbud. Et as keng einfach Aarbicht an deem Hank, mee mat Hëllef vun de Bëschaarbichter vun der Gemeng, engem fréiere Scout mat sengem Papp an hire Maschinnen gi mir déi Saach och Meester. Lo hu mir Holz fer an eis zwu Schminiën fer opmanst zéng Jar, mir bräichte just nach een deen et erbäi bréngt an dem Feier noleet.

1991 as da rëm d'Rei um Ustrach suwuel bausse wi bannen. De Joss an de Mars haten sich virgeholl dat nach eemol an hirer Pensioun ze man. De Floss hot der Fënsteren an hëlze Wänn vill, an di zwing gin sich net bis se de ganzen Tour färdig hun. Wi du och nach di nei Herbergsfamill Do Paço fest mat upäkt, gët d'gruss Botz an engems gemaach.

Wa mir lo nach am Fréijar d'Lächer am Wee an un der ewischer Fassad gefléckt kreien, nach bëssen ënnert de Béi an d'Rei man, am Bësch raumen an de Pad opkappen, dann as eise Floss prett fer de Jubiléumsprogramm.

D'Aarbichten gufe nach laang net all opgezeelt, mee alleguer deenen déi egal wini, wu a wivill dobäi gehollef, hun séif heimat merci gesot a mir wäre fru fer si dëst Jar eemol do rëm ze gesinn.

Merci och allen Instanzen déi eis an all deene Jaren ënnerstëtzt hun. Apaarti eiser Gemeng an hiren technische Servicer. Mir hun se net ze dacks geplot mee si hun awer och ni nee gesot.

Merci dem Ministère de la Jeunesse, dem Ministère du Tourisme, eisen Oeuvres paroissiales, déi mi wi eng Kiër eis Caisse gestäipt hun. Och dem Syndicat d'Initiative fer seng Publicitéit a Propaganda fer eist Home.

Merci den Handweerkselett, d'waren bal ëmmer diselwigt déi mir ugesprach hun, an déi no der Scoutsmentalitéit "aus alles lisst sich nach eppes man" gehollef hu kalenneren fer datt et su bëllig wi méiglich sollt gin.

Merci och de Noperen fer hirt Versteesdemich. Si hun sich lo un eis gewinnt a mir komme gutt maddeneen zuwee.

Wee mein Artikel bis heer geleest hot, dee muss ich felicitiren an dee versteet och dat mir Dikricher Scouten huffrig op eise Floss sen.

1992 - den Dikricher Scouten hire Floss besteet lo 45 Jar:

- mi wi 157.000 Iwernuechtungen hu jung Lett aus ville Länner an der Zäit bei eis verbruecht an hu sching Erënnerungen vum Floss a vun Dikrich mat heem geholl
- mi wi 1000 Jungen a Meedercher haten zënterheer als Wëllefchen, Explorer, Pionniër, Rover, Aumônier, Cheftaine a Chef oder als Member vun enger vun eisen Amicalen flott Aktivitéiten an eisem Beerg.

An deene 45 Jar guf eise Floss gutt versuergt!

Ech wënschen him dat och fer di Jaren déi lo kommen, da wärte nach vill Jugendlicher fru Stonnen do erleewen.

Marcel Thillen
Präsident vum Verwaltungsrot

Summercamp an England 1970



1970 haaten di Dikricher Pionnéier hire grouse Summercamp an England. Wéi gewinnt, hat Traufflesch Jim di Affär perfekt organisiert: mir si mam Zuch op Rotterdam gefuer, vun do aus mam Schëff ('Nordwind') iwert d'Manche bis op Hull, wou mir vum 2nd Anlaby Scout Group ëmfaange goufen. Mat hinne sollte mir eng Woch laang um Ryedale District Camp Site zu Kirkdale am Yorkshire campéieren.

Eng vun eisen éischten gemeinsamen Aktivitéiten sollt en Hike sin vu ronn 15 Meilen an der Gegend vu Kirkdale: Kremesch Aender an ech, mir waren mat zwéin Englänner ënnerwee, an haate schons

de gréissten Deel vun eiser Stréck hannerun eis, wéi mir gemierkt hun, dass eis zwéin englesch Coéquipier'en an déi verkéiert Richtung marschéiert sin. Well mir op der enger Säit, eiser Saach nët ganz sècher waren, a well op der anerer Säit, si jo schließlich hei doheem waren, si mir alt e puer Meilen esou matmarschéiert. Wat mir méi marschéiert sin, wat mir ëmmer méi iwerzeecht waren, dass mir Recht haaten, a mir hun eis en Härz gefaßt fir denen zwéin Englishmen a bestem Schoulenglish matzedeele: "We think, that this is the wrong direction". Mir hun demi-tour gemaach, a sin an di aner Richtung geschréckt. Eis zwéin Coéquipier'en musse fond hun, dass mir mat eiser Meenung nët esou falsch louchen, well mir si schlussendlich alle véier mat enger Stonn Verspéidung am Camp ukom, wou eng gud Taass waarmen Téi op eis gewaart huet. E Gléck, dass mir eis konnten durchsetzen, sos géife mir vläicht haut nach kräiz a quer duerch England marschéieren.

Op eisem gemeinsame Camp sollte mir dann och éichte Kontakt mat der typisch englescher Kichen kréien: de Menu haat et a sich, Beafsteak mat Kornichongszalot, an als Desert, en hellrosa an himmelbloe Bond. Wéi mir gesin hun, das d'Englänner d'Aaxt erbäi geholl hu fir d'Kornichongen a Rondelen ze schneiden, an en Dëppe mat Waasser op d'Feier gesat hun fir d'Beafsteaker ze kachen, hu mir och hei de Bräileffel an d'Hand geholl an eisen engliche Scoutsbridder en Essen preparéiert, vum deem si sècher haut nach schwätzen an drämen.

Wahrscheinlich gët och haut nach zu Hull an Emgengend Paperball gespillt, e Spill, wat di Dikricher Scouten zu Fëschbich kréiert an 1970 an England agefouert haten.

Paul Bonert



als Wöllefchen

- eng Geschicht vum Ricki Ticki Tavy, dei mir op der Mettes-Sieste erzielt kruten, an dei ech haut nett mei genä wéss mais dei mir ganz guut gefall huet,
- e Camp zu Woltz am "Air de l'Aigle" voller Scouts-Romantik Owes beim Lagerfeier,
- d'Opregung all Moies firun dem Akela senger Inspektioun vun eisem Bett, Wäschgezei a Rucksak,
 - en Akela den dem engen oder aneren, a mir och heiansdo, um Camp e "Gudd Nuecht" Kuss gin huet,
- eng Wett, am Préizerdall, dat ech mech Moies nett géif trauen mech ganz an der kaler Baach ze wäschen,
- de perséinleche Stolz wa mir eis e 'Badge' erschafft haten, oder eis 'Meute' den Eieremast krit huet,

als Scout

- eng Montée fun de Wëllef bei d'Scoute wou ech mech esou dru gin hat, dat ech keng Loft méi kritt hun,
- e Camp zu Kaunduerf, wou eise Régional-Commissaire eng lieweg Méck op senger Botter-Schmier géss huet,
- dat "grusst" Erliewniss fun de "Walky-Talky" dei d'Armée eis geléint hat,
- meng Bomi, "d'Mimi", déi gefaart huet, ech géif nèt genuch um Camp z'esse kréien,
- eng Photo fun eiser Troupe, déi deemols geknipst gin ass, an haut, als flott Erënnerung, eng extra Plaz bei mir huet,
- e Scouts-Theater am ale Staathaus, wou mein hëlzent Schwärt am Gefecht op der Bün gebrach as, an dem Här Déchen jhust virun d'Féiss geflun as,
- e Sketch fun de "Pompjéen" de mich haut nach laachen deet,
- e Camp zu Densborn, wou mer wéint all deem Reen schrécklich d'Flemm kritt hun,
- eng onméiglech Wull am Zelt um Camp,
- déi kal a fiicht Kleeder déi mir Moies am Zelt ugedoen hun,
- den totale Knascht während dem Schauerer fun de Kichendöppen.
- e nationale Camp zu Miersch, wou mir voller Energie eng onnëtz Bréck gebaut hun, aplaz ze hëllefen eng Spill-Plaaz unzeleen (mir waren schrécklich stolz iwert eis Bréck),

- eng Komeroodschaft, déi bis haut bliwen ass, trotzdem en den en oder aneren nët oft erëm geseit,

als Chef

- den Embau vun de "Scouten" an di zwou Gruppen d' "Explorer" an d' "Pionniéier",

- e Scoutmaster a Groupechef den eis all e Virbild war, mais wou jidfere Méi hat et him nozemachen,

- e Gilwell-Camp wou ech mir bal e Fanger erofgeschnidden hat,

- de Grouperot mat enger flotter "Wöllefchers-Equipe", wouvun eng Cheffaine mir haut och nach extra gutt gefällt,

- zwé Aumonieren, de Pater WEY an den Här GROFF, déi et nët einfach mat eis haten, an trotzdem ëmmer zu eis gehalten hun.

- e Jamboree a Japan, wou en Taifun an en Erdbeben mëch a ganz ongewinnte Situatiounen bruecht huet,

- e Jamboree zu Lillehammer, wou ech gemierkt hun dat ech léiwer "Pionniéier" wär as wéi hire Chef,

- e Camp an der Schleef, wou mir eng Televisioun matgehall haten fir d'Olympiad ze kucken,

- e Camp zu Reisdorf wou eis Troupe mat enger Belscher zesammen e keltischen 'Tumulus' ausgegruewn huet, a mir herno esouguer Suen dofir kritt hun,

- en Appetit vun de Pionniéier, den dat "normalt" em dat zwé- bis dreifacht iwerschrët,

- eng Gas-Luucht, déi en och als Heizung am Zelt gebrauchen kann,

- den unerwart groussen Idealismus den eis als 'Assistenten' a spéider als 'Troupe Chefs' bei de Scouten gehalten huet,

All dest sin Erënnerungen a Biller, déi fir mëch direkt mat de 'Scouten' verbonnen sin.

Wann elo den en oder aneren, den dëst liest, selwer vu sëch aus och nach senger Erfahrungen a Souveniren hei dru knäppt, dann ass dat erreecht, wat mir vun Ufank un mat dësem Text firgeschwieft huet.

Keng deifgrënneg Ausënanersëtzung mat der Idi vum Scoutismus, mais jhust e persëinlecht 'Logbuch' aus Erënnerungen.

Théo Jacoby



Am Fréijor 1970 hate mer vill Ophiewes mat der Entreprise "Mato Grosso" gemaach. Iwer d'Indianer gouf geschwat, iwer d'Reservat vu Mato Grosso an iwer d'Petite Soeur, alias Wëllefcherscheffaine aus dem Pafendall. Et gouf geplangt beim Lilly an der Stuff, beim Max doheem, am Floss, op der Stroos an a mengem Büro. Schließlich war ët su weit. E puer Dee virdrun hun ech dësen Artikel an d'"Wort" geschéckt - an engem alen Dossier hun ech en entdeckt:

Die Scoutstruppe Tony Noesen lädt ihre grossen und kleinen Freunde zu ihrem Fest "Go West" ein. Wer am Samstag oder Sonntag zwischen 14-22 Uhr den "Floss" hinaufspaziert, wird plötzlich vor einer Westernstadt stehen. Ein Traum kann sich nun erfüllen: für einige Stunden am Leben des wilden Westens teilnehmen. Wer möchte nicht einmal Lasso und Hufeisen werfen, eine Western Zeitung in den Händen halten, im Western Cinema eine Vorstellung genießen, im Planwagen durch die Natur fahren und vieles mehr.- Einige Schritte weiter stehen die Zelte, die Totem und der Marterpfahl eines Indianerstammes. Die Indianer sind allerdings friedlich; sie wollen durch ihre Entreprise "Moto Grosso" einem verbrüdereten Indianerstamm in Brasilien weiterhelfen.-Bei echter Western Musik werden Western Spezialitäten im Saloon und in der Kaffeestube angeboten. Freunde, helft uns am Samstag und am Sonntag den echtsten Indianer und Cowboy suchen.

Wéi war ët gaang? Wéi meeschtens - ganz flott! Zwéin Deeg laang war de Floss en Indianerreservat: Indianer, Cowboy, Sherif.... sin opgekréizt a wi di Wëll bis spët an d'Nuecht duerch d'Landschaft gejauff. A wat e Gehauls, besser wi an engem echte Western!

E puer Deeg méi spët koum d'Petite Soeur aus dem Mato Grosso - leider ouni Indianer. Alles wat mir u Gold zesumme geraaft haten, hu mir hir matgin; si waren zu 2 komm, well eng ëleng nët alles gepackt hätt.

Marcel Groff





Five fingers one hand

.....
D'Aktivitéite vun desem Jaar wärte vill mam JAMBOREE ze don hun, dee jo vum 27. Juli - 15. August 1975 ennert dem Numm NORDJAMB vun de Scoutsverbänn aus Norwegen, Schweden, Finnland, Dänemark an Island bei LILLEHAMMER, 200 km nördlich vun Oslo organisiert get, a wu 15.000 Scouten aus 40 Länner vun der ganzer Welt erward gin.
.....

Dest war deen ischte Kontaktzeedel fir d'Scoutsjaar 1974 - 1975 vum 8. Oktober 1974.

Wi ech daat geles hu wosst ech nach net dass di do Aktivitéit mengt griissten a schingstent Erleefnis bei de Scoute giff gin, an ech hu bei den Dikkricher Scouten an 20 Jaar vill Schinges erleeft! Ech dinken hei besonnisch un d'Camp'en zu Lourdes 1968 a 1979, zu Todler an zu Lellgen ... 1970 an England ...

Daat ganz Scoutsjaar guff dunh heirunner virbereed, ëmmerhi sollte mir baal 3 Wochen ennerwee sen. Ech haat mich em D'Kichesaachen an em d'Eessaachen ze këmmen ...

De 27.07.75. ass et owes em 22.40 Auer an der Staat op der Gare lass gang, Köln, Hamburg, Bremen an em 12.15 Auer den 28.07. se mir zu Puttgarden mam ganzen Zuch op der Fähr. Et geet virun duerch Dänemark an em 16.30 Auer setze mir matt enger zweeter Fähr vun Helsingör op Hälsingborg. 18 Auer: mir sen a Schweden. Vun do geet et ness op Schinne virun an de 29.07. se mir moies em 07.10 Auer zu Lillehammer!

299 Lëtzebuerger sen um Nordjamb ukomm. A waat lo? 39 vun dëse Männer a Männercher sen d'Troupe 'Rudde Léiw' (Dikkricher, Ettelbrécker a Gaspericher) ënner der Leedung vun Dahm's Jacques assistiert vun Adam Rob, Dahm Camille, Bollendorf Guy, Lefèvre Val a Lorentz Louis. Mir sollten an de Sous-Camp JURMO. Wu ass deen? 3-4 Km mi weit? ? D'Gepäck guff op e Camion geheit an du se mir zur Ofweesslung mol rëm e puer Meter zu Fouss gang. Op der Plaaz ukomm hott et geheescht sich extra gudd ze installieren: 15 Zelter a 4 Kichen oprichten, eng Agangspaar hott ganz klar missten ze erkenne gin, ween hei wunnt. D'Sonn hott eis d'Aaricht erliichtert.

Eis Nopere ware scho färdig: links Norweger, rechts Irlänner, vis-à-vis

Canadi'er, Englänner vun Hampshire a Fransuse vu Guebwiller.
Hannerun eis war op e puer Meter de Lagen River. Daat sollt eis
nach ganz nötzlich gin.

Et guff awer och direkt richtig norwegisch z'eessen: Corn-flakes,
Jamboree-milk, cucumber, norwegian bread, tea, sugar, tomato'es,
eggs and cheese.

De Louis, de Bolly an de Camille maachen als Agangspaar een 3
dimensionale P H !!!...

Owes gët et Hamburger, Spaghetti an tea matt
Zocker !

De Louis giff direkt gären 'changen' awer hee ka keen 'English'. De
Camille giff och gären 'changen' awer heen hott keen
'Changematerial'. ..Sie gin zesumme lass. Daat ischt 'Opfer' ass en
Italiener, dun e Canadier an dun e Preiss: 'Bitte, kommen sie mor-
gen zurück. Wir sind eben erst angekommen, unser Material ist noch
nicht griffbereit!' D'Schweizer sen di nächst a bei den Irlänner se mir
hinke bliwen. Sie hun eis op engt klengt Lagerfeier invitiert matt
'Ochsenschwanzsuppe'. Mir wollten hinnen du 'Kapp, Schöller, Knéie,
FéiB' ...beibringen, awer si hun dun direkt op englisch virugesungen
...

Em 21.30 Auer as d'Sonn ënnergaangen an em 23.30 Auer war et
nach ëmmer kee Fatz deischer. A su as den ischten Daag um
Jamboree riwer.

Den 30. Juli ass d'Sonn em 3.46 Auer opgaang! Opening Ceremony!
Owes konnte mir an der Jamboree-Zeitung lesen: "Today's open-
ing ceremony at the Althing Arena provided an impressive kickoff
for the 14th World Scout Jamboree. Scouts from 5 continents came
marching into the arena side by side to find their own particular
place in the huge open hand that symbolizes the camp's motto:
five fingers - one hand "

Duerno gung ët richtig lass : Jamboree Activities un denen awer
keng Chef konnten deelhollen !

Dun hu mir alt engt Keelespill opgericht fir di gruuss Foire Champêtre:
eist Spill hot Air-Bowling geheescht . Mir (de Bolly, de Louis, de Val
an ech) hu Stonne laang domatt gespillt. Mir hun deen Dag wi eis

'Kanner' all um Hike ennerwee waren su intensiv gespillt, dass mir richt mëtt es em 2 Auer drageduecht hun eppes z'eessen. De Jacques, deen em eis all besuergt war, a besonnisch em d'Disziplin, hot gefaart lo giffen och eis Explorer nemme mi Keele spillen. Dun hu mir beschloss, dass deen, deen der 9 geritt, e Patt mist gin. 'Oh mei daat gët awer deier' seet de Jacques. De Louis: 'Oh, lo kommen der vill nët mi rëm vum Hike, da gët ët mi böllig ...!'

Een Daag hun och d'Chef eng Aktivitéit duerfe matmaachen: ech hun deen Daag Fixsping gemaach an ech erënnere mich dass se suguer gebrannt hun. Hei nëmmen e puer vun den Aktivitéiten di eis Explorer mattgemaach hunn: ënnert Handicraft: wrought iron, folging knife, hunting knife, reindeer horn, cow horn, flute, leather work, batik, linoleum block printing, birchbark and ropework; ënnert Nature and Conservation: wind power, solar power, research center and personal pollution, the stones can also talk (geology), from corn to bread, in the footsteps of the Eskimos, nature trail, SOS-nature in danger and water purification ...

Hei nach e puer flott Anekdoten:

JURMO 9.30 AM: De Patrick: Jacques, firwaat ass dei 'Luxembourg' rechts (op der Uniform) ?

De Jacques: oh, des Uniform ass well su aal wi dir, du war ech nach kleng (junk)!

De Patrick: ah, dofir sen deng Aerem su kleng, su kuurz !!!

PS: de Jacques haat eng Summeruniform matt kuurzen Aerem !

31.07. 00.15 PM: De Jupp, d'Daisy an de René aus dem HQ kommen eis besichen: daat ischt watt hinnen opfällt as eis Agangspart: oh mei, ass déi schon emgefall ?

Du wooste mir direkt dass si awer och glaaf keng Ahnung vun engem 3 dimensionale PH hätten.

31.07. 03.20 PM: De Camille: Louis, wu sen d'Bleeder?

De Louis: An dengem Zelt ! (De Louis schliift beim Camille am Zelt!)

31.07. 08 PM: Di Ettelbrecker Wëll Sie hunn ee Schwarzen aus dem Gabon inviti'ert fir z'eessen. Wi eise Schwaarzen dun neess aus dem Zelt kumm, freet de Patrick ganz verwonnert: tiens , tu vies encore ? (di Ettelbrecker hu grad su gekacht wi se geheescht hun!)

Den Dubbi wëllt Purée maachen, awer och hee kan nach net su gudd kachen. Du geheet heen 'et' an d'Paan a seet et giffe Gromperekichelcher...

01.08. 07.30 AM: Dem Louis war et kaal. De Mirko: oh fréck, wivill hot heen der, ech hun oni geschloof (Schloofsaak)

01.08. 15 PM: Eis Explorer sen all um Hike, de Jacques ass och ënnerwee, a mir sen aleng am Camp. De Rob invit'ert eis fir bei him ze raumen, da giff heen eis den Owend och eppes kachen!!! Een deken Tschiklaka... könnt een unhollen. Awer nee, mir sen deen Daag nach mi lidderrich wi de Rob. "Pech gehaat"!

Su ass all Daag si'er vergaang an de 5. August haate mir d'Freed daat grusst Lagerfeier vum Camp 07 Jurmo ze leeden. Mir hunn eis all dru bedeeicht, just de Bolly net, heen haat eng Invitati'oun op engt typisch nordischt Eessen...de 06.08.ëm 02 Am as heen heem komm... heen haat rëm zevill geknabbert !

Dun hu mir scho missten un d'Apaaken dinken, well den 08.08. sollte mer zu Bodö sen an der Home-hospitality. Bodö leit iwert dem Polarkreess: daat heescht fir eis nach eng Kier een Daag an eng Nuecht am Zuch! Awer et haat sich gelount. Di 5 Dee zu Bodö waren einfach 'De Glanz' wi eis Jugend hett seet.

Ech war mat Reding's Guy vun Ettelbréck an enger Famill matt Boot a Yacht. Mir sen all owes bis an d'Nuecht ran op d'Meer fësche gaangen (et guff jo nach baal net deischer) mam Gunnar, Else og Sverre!

Den 13. August ëm 21.30 Auer as den Départ zu Oslo. Fir nët brauchen 3 Dee am Zuch ze hinken, hu mir e Flieger vu Bodö op Oslo geholl a vun do mat allen anere letzebuerger Scoute mam Zuch heem kom. An der Staad ware mir de 15. August Moies ëm 6.30 Auer.

Ech schreiwe bewosst nët : do war et riwer, well de Jamboree ass fir mëch bis hett nach nët riwer! ! !

Camille Dahm

Mat 16 Joer sin ech als Cheftaine vun de Wëllef an d'Scoute kom. All Cheftaine hat an deer Zeit hire spezielle Num aus dem Dschungelbuch, an deem de "Mowgli" eng Haaptroll hat. Ech war fir meng Wëllef de "Rikki".

Et huet mir vill Spaass gemaach mat deene klénge Bouwen ze schaffen. Heiansdo gung ët och bësche méi rau erof. Wéi zum Beispill op engem Camping, wou ech als Resultat vun enger Rolzerei de Fouß verstaucht hat. Mei Camping war gelaf. An trotzdem war ët flott.


Ech ka mëch errënneren, dass et op deem Camping eng Kéier eng Zop gouf, déi d'Wëllef furchtbar font hun. Si hu gesot: "Rikki, déi Zop schmaacht no Pärdschatz". Ech hun se iwerzeecht, dass se z'iesse wär. Mä ech muss agestoen, dass meng Zop heemlech hannert dem Zelt gelant as. Sos war de Kaascht awer gud.

Nach haut, wann ech meng Wëllef vun dér Zeit erëm gesin (et sin elo Männer), erënneren ech mech gär un déi Zeit. Si huet mir vill bruecht. Dofir sin ech och frou, dass e vu menge Kanner do virufiirt, wou ech opgehalen hun. Zwar nët als Chef bei de Wëllef, mä bei de Pionnéier.


A mengem Härz sin a bleiwen ech e Scout. Et as just Schued, dass nët méi Jugend sech dofir hircët an, dass der vill de Scoutismus nët méi sou seriös huelen, wéi dat a mengen Ae soll sin.

Loly Majerus

"Rikki"



P92



Mir haten e Week-end zu Wolz, direkt no Niklosdag, an all Explorer hat sich eppes vu sengem Teller vun doheim matbruecht fir als Dessert z'essen. Et konnt keen erwaarden fir ze gesin, wat da lo jidderee matbruecht hät.

Endlich war et su weit, d'Explorer hun hiren Dessert ausgepaakt a virun sich op den Dësch gestalt: Iwer Afenöss, Uebst, Schokela, bis Marzipan war quasi alles vertrueden. Awer eppes huet erausgestach: dem Pol sei Männchen, e schinge glasierten Zwerg. Sämtlich Aen am Sall waren op den Zwerg gerichtet: 'dee geseit su schneekich aus; a wi soll de schmaachen? As et Marzipan oder weiße Schokela mat Zockergoß?'

De Pol war ganz stolz a wost, dat heen sich fir dat richtig vu sengem décken Teller entscheed hat. Hen hölt en an de Grap, hellt e nach eng Kier demonstratif an d'Luut, beißt herzhaft dran a speitzt de Maufel direkt rem raus. Eise Polchen haat an eng Kerz gebass, a Buji als Dessert! Nee Merci!

Georges Minette



Si soe, wann e su laang bei de Scouten as, da muss een eppes schreien! An dobei wiere meng Dee bei de Scouten scho bei de Wëllef bal gezeelt gewees:

Et as eng vu mengen ischte Versamlungen an dat ischt Bëschpil iwerhaapt. An éier mir, di Kléng, d'Spil bekäppt hun, si mir dem Fuedem scho las an d'Flesch mam Geheimpolfer (oder wat och ëmmer d'Cheftaine sich ausgeduecht hun) as flöten. A wat maache mir da lo bis eng Equip gewonnen as?

D'Heck enne laanst Strooss as nach ganz kléng, an et as strengstens verbueden driwer ze sprangen, respektiv ze klammen. Dofir leie sämtlich Veloen derbei oder dran, an ët fällt dem Jang a mir neischt Besseres an, wi d'Lofft aus de Pneuen ze lossen. A knap 10 Minute mi spit se sämtlich Veloe plat, ausser 2 Stéck. Well d'Héck, wi gesot, zu deem Zeitpunkt nach ganz junk as, gi mir natiirlich entdéckt a kuerz drop steet och schon eng Cheftaine virun eis. Do huet all Nee soe kee Sënn, mir kommen virun den Akela, a wann ech keng gelingen, an de Jang keng eege Pompel hät, da weere mer schlecht drun; su schnell si nach ni su vil Veloen opgeblose gin, an éier d'Spil riwer as, hu mir eise Kap aus dem Strack gezun an eis Scoutskarrière ka viru goen.

Ech hu mech du waarscheinlich gebessert, well ech se bis an d'Explorer ropkom an hun et suguer bis zum Patrulechef bruecht. Ech muss deemols scho meng liberal Haltung zu deenen aneren entwéckelt hun, well mat der Striktheet houlén ech et a menger Patrul (de Réi) nët su genau.

Um Camping zu Bëschruedt gi Medaille verdeelt. Di best as "d'Weessenii", dono kënnt "d'Rommel", als drët, mä mat weitem Ofstand, "d'Gromper". A ween as de Gromperkinnik? De Jëwi! A wan de Patrulechef di Leedersgromper huet, dann huet de Rest aus der Equip d'Holzegromper. Just 2 Dee vum Camp hu mir d'Rommel (vum Wees kënne mir nëmmen dreemen):den 1. Daach, well mir als ischt eist Patrullenzelt stoen hun an de Besuchsdaach; dofir hu mir awer den Daach virdrun d'Dëppe wi wëll geschauert, jidwereen sei Rucksak tiptop gepaakt (oder winstens di ewicht Loo) an dem Mich all Wonsch vun den Ae geleest. Et as iwerflëssig ze soen ween den Daach dono d'Gromper rëm huet.

De Camping as a mengen Aen nach ëmmer den Héichpunkt vum Jar. A su munnich Anekdot vun do bleiwt engem laang an Erënnerung; su zum Beispil de Pioscamp an der Schleef. Mir hun all

Luxus: eng Dusch, e Fernseh, engt Waasserrad mëcht iwer en Dynamo Stroum an eng rud oder gréng Liichtchen weist op de Ritti-ratta, déi Seit beim Bësch, frei as oder nët. Meestens as awer gréng, well nach keen sich un de Luxus gewinnt huet.

De Rovercamp op der 'Ile d'Houat' an der Bretagne as de Camp vun de Superlativen: hien as de längste Camp (iwer e Mungt laang am Summer 77 léist eng Equip di aner of) an ët as de weitste Camp volant: nët manner wi 2x fléien d'Zelter an ët gët gefëscht wi nach ni op engem Camp, wat soll en op 5 km² well sos maachen?

Ech së bei der Schluëquip, dijeenich, di schon 2 Wochen mi laang do sin, hu well alles gesin: fëschen a schwammen as och neischt Neies mi a mam Ravi geet et zu Enn. Un de letzte Menu kann ech mech nach ganz gut erënneren "Pastachutta": Nuddelen am Meerwaasser, fir Fleesch sammele mir Mullen a Schleeken um Strand, als Zos, eng Tomatenzop mat der halschent Meerwaasser a fir dem fiirchterliche Salzgout lasszegin, gët Eerpelsgebees drënnergemëcht. Gudden Appetit!

Als Chef steet en dann ebeemol op der aanerer Seit an ech muss di sëlliche flott a manner flott Saachen, di ech erliewt hun a gewise krut, un d'Bouwe virugin. Heiansdo klappt dat wonnerbar, eng aner Kier gi mir mat den Idien auserneen oder mir hu guer kéng. Mat der Zeit (well bal 16 Jar) stellt sich och een 'Déjà vu' an, mä su laang ët Spaass mëcht, soll e virumaachen.

Et mëcht nach ëmmer Spaass!

Flory Paul Lorentz TC Pionnier

D'Geschicht vun de Wëllefcher an dem Bus



Part one

D'läscht Joer war et mol zanter laangem erëm eng Kéier su richtig gutt kal am Wanter. Et war grad dat giedlecht Wieder fir Schlittschong fueren ze goen. Well di meescht aus der Chefequip scho laang nët mi op der Äispist waren, hu mir décidéiert, fir eis Versammlung vu Samsdes op Befort ze verléën.

Pünktlich wi ëmmer stounge mir um 1 Auer op der Gare fir de Bus ze huelen. Vill Wëllefcher ware ganz wibbelech, well et fir si di éischte Kéier war, dass si Äisschung fuere sollten.

No laangem Waarden - sou huet et eis jiddefalls geschengt - as en dun endlech komm: **de Bus!** Et ware schon zimlech vill Leit dran, wéi mir rageklomme sin. Di meescht vun hinnen hate Schlittschong bei sech.

Zu Reisduerf hu mer eis scho gefreet, dass mer et elo geschwënn gepackt hätten, wi op eemol de Bus am Bierg fir rop op Befort stoë bliwen as. D'Leit kucken sech all verwonnert un. Wat as dann elo? Soll eppes um Bus futtigefuer sin? Mir otmen all erlichtert op, wéi et erëm firugeet.

D'Freed wart awer nëmme vu kuerzer Dauer. No puer Meter bleiwe mer definitiv stoen. "De Räscht musst dir zu Fouß goën, et as ze glat fir mam Bus eropzefueren, an de Streewon war nach nët laansch!", heescht et ganz drëche vum Buschauffeur, wéi mir heen entgeeschttert ukucken.

Op mer wollten oder nët, mir hu missen erausklammen an eis per pedes op de Wee maachen. Op där glaater Strooss war dat nët esou einfach! Am Ufank si mer zwar nach gutt virukom, mee wat mer mi laang gaange sin, wat di kleng Beenercher mi mitt gi sin. Mir ware frou, wi d'Joëlle di Midst vun eis mam Auto opluede kom as. Di aner sin no bal 2 Stonnen Glëtsch och bei der Äispist ukom.

Een Trouscht as hinne bliwen: si hu kee Muskelkater krit, well se sech virum Schlittschongfueren gutt waarm gemeet haaten.

D'Wëllefcher hun sech awer nët duerch esou eng Aventür discouragéiere gelooss. Si sin och duerno nach gäre mam Bus gefuer.

Eng vun denen nächsten Aktivitéiten as ee Weekend zu Clairefontaine. Wéi dohinner an erëm kommen? D'Äntwert as liicht: natirlech mam Bus...

Zu ongeféier 30 Wëllef a 5 Chef(tainen) së mer zu Clairefontaine um Week-end. Obschons ët fir Abrël nach zimlich kaal as, hu mer eis dee ganze Week-end iwer extra gudd ameséiert an ët deet jidderengem Leed, wéi mer eis sonndes um 5 Auer zu Fouß mat de Rucksäck um Bockel op de Wee fir op Äischen maache mussen. Kuurz viru 6 Auer së mer schons do, a well de Bus réischt an enger gudder halwer Stonn komme soll, musse mer nach eng Zäitchen an der Keelt waarden. Mee besser eng hallef Stonn ze fréi, wéi eng hallef Stonn ze spët um Bus, soe mer eis, an zielen d'Minuten, bis dat de Bus endlich kënnt.

Endlich! Ganz hannen op der Stooss gesi mer de Bus gedosch kommen. Jidderee spréngt voller Freed op; alles dat mer nët an d'Strooss laafen! Puer Sekonnen drop sti mer allerdéngs fassungslos do a kommen eis es nët zou: de Bus as a voller Vitesse laanscht eis gerannt. Puer extra Viver laafen em nach e Stéck no - mee lo sti mer do: schon 2 Stonnen an der Keelt, midd wéi all häischt Guddes an d'Eltère ware scho nët frou, dat mer rischt no 8 Auer zu Ettelbréck ukomme sollten. Am Moment wire mer frou, wa mer um 8 Auer do wieren!

Puer vun de Wëllef, dorënner och déi, di soss am dëcksten do sën, fänken un ze panikéieren. Verschiddener së ganz ausser sich a wëllen onbedéngt heem telefonéieren. De Charel mëcht an dëser Keelt dat eenzigt Richtigt; hee paakt sei Schloofsak aus a leet sich dran. Mee och eisen drei Cheftainen (déi aner ware schons mam Auto a mat engem Deel vum Gepäck heem) as ët nët mi egal. Den Eltere kënne mer schließlich schlecht uruffen, een anere Bus kënnt natirlich och nët. Schlußendlich rifft d'Michèle voller Verzweiflung op Kléngbetten op d'Gare un a seet dem Här op der anerer Säit vun der Leitung ordentlich d'Meenung. An der Zwëschenzäit as d'Nopeschfra rauskom an huet eis informéiert, dat mir op der falscher Stroossesäit stungen. Si hāt eis duerch d'Fenster nogekuckt a sich direkt geduecht, dat de Bus nët stoe bleiwe gif. Och nët wan 30 Lett

an der Strooss stin a wénken...?!

Den Här vu Kléngbetten huet eis no laangem Diskutéieren versprach, he gif mol an der Staat uruffen a nofroen, ob si vläicht kënnen en aanere Bus schécken. Mir sollten him eng Véirelstonn drop nach ee Mol uruffen. Mir sën an der Zwëschenzeit esou frustréiert, dat eis baal alles egal as. Mir ruffe just nach op Ettelbréck op d' Gare un, si sollen duerch de Mikro soen, di Dikricher Wëllef hätten eng kléng Ver-spéidung. Eis Wëllef së fest iwerzeegt, mir giffen haut nët mi ukommen. Sou lues as ët nämlich och schon däischter gin!

Wéi mer op Kléngbetten zréckgeruf hun, hat deen hëllefsbereeten Här eis e Spezialbus organiséiert. Allerdéngs konnt dee rischt tëschent halwer 10 an 10 Auer zu Äischen sën, mat deem Geschéck wire mer da géint halwer 11 zu Ettelbréck. Trotz der Keelt as eis de Schwes ausgang. Well mer awer soss keng aaner Léisung wossten, hu mer eis decidéiert op de Spezialbus ze waarden. Den Här vu Kléngbetten, dee lo och scho Feierowend hat, huet eis nët sou richtig getraut, (heen huet sëcher gefaart, mir giffen eis aus dem Stëps maan an heen hät de Service Spécial fir näischt geschéckt) an as kuerz drop selwer opgetaucht, fir ze kucken, op mir och op 'säi' Bus waarden. Puer vun de Wëllef hun sich direkt a säin Auto gesat an hu verlaangt, he sollt si op Dikrich féieren.

Kuerz virun halwer 10 - mir hätte scho sollen 1 Stonn doheem sën - as de Bus dun endlich kom! Mir hun eis gefillt wéi am 7. Himmel. Lo ware mir scho baal 5 Stonnen an der Keelt. Mee leider as eis Pechsträn nach nët ganz riwer: as ët duerch d'Opreeeeegung, as ët wéinst der Vitesse mat där de Bus durch d'Kéiere flitt, engem vun de Wëllef gët ët schlecht an ën iwer gët sich queesch iwer 2 Sëtzer an duerch den halwe Gank. Mee eis ka lo näischt mi aus der Rou bréngen; mir sën nëmmen nach frou, dat mer eppes op 10 Auer zu Ettelbréck ukommen.

Iwer dëst Abenteuer hu mer duerno nach vill gelaacht, och wann ët eis deen Owend guer nët fir ze laache war.

Claudine Reiser a Carole Mehlen
Akela an AWC.



292

D'Sortie bei de Wëllef Bei de Wëllef um Camping

Eng Sortie as wann d'Scouten e ganzen Dag an de Bësch gin. Ennerwee maache mer Spiller a Mëttes grille mer. Et as flott bei enger Sortie matzegoen.

Um Camping as ëmmer eng Sortie derbei. Si get Moies las. D'Cheffen denken sich e Wee aus, an dee musse mir mat Hëllef vu Spure fan-
nen. Wa mer ukom sën, da maache mer e Feier. Fir d'ischt siche
mer eng drësche Plaaz, wu mer d'Gras rausrappen, fir dat ët kee
Bëschbrand gët. Duerno sammele mer Dännenh Holz, mat dem mer
d'Feier ufänken. Mir leen ëmmer méi déck Äscht drop. D'Holz duerf
nët nas oder gring sin, da brennt ët nët. Mir picken dat, wat mer
grille wëllen op e Bengel, an halen ët iwert d'Feier. Wa mer ferdig
sinn, maache mer d'Feier aus.

Da spille mer nach e bëesen um Heemwee. Mir gin zrëck an d'Home
a vun do tēppele mer heem.

Eng Sortie mëcht mid, awer och vill Spaass.

Denny Bierchen, Luc Dockendorf, Serge Nickels

Wir können den Tag kaum erwarten an dem wir mit den Wölflingen
eine Sortie machen. Endlich ist er da.

Von unserem Scoutshome gehen wir in den naheliegenden Wald.
Wir müssen oft Aufgaben (Spiele) machen, die nicht gerade leicht
sind. Wenn wir alle Aufgaben erfüllt haben, kommen wir nach circa
hundert Meter auf einen Platz (Lichtung), wo wir unsere letzten Spiele
machen.

Auf diesem Platz und seiner Umgebung, suchen wir trockenes Holz.
Wenn wir genug Holz gesammelt haben, bauen wir eine Feuerstelle.

Wir können abziehen, wenn wir alles aufgegessen und das Feuer
gelöscht haben. Dann machen wir einen Umweg zurück zu unserem
Scoutshome.

Patrick Mueller, Marc Storck, Steve Welter

Mir gin al Jar eng Kier op de Camping. Mir schlofen da meistens an enger Scheier. De Camping steet normalerweis ënnert engem Thema; dëst Jar waren ët 'd'Urmënschen', ziar d'Gallier Astérix an Obelix.

Mir müssen ëmmer en déck gepaakte Rucksak mathuelen.

Op engem Camping maache mer vill Spiller. Mir gin Owes géint 6 Auer e Bëschspill maachen. D'Sixer gin em Verel op 5 an de Bësch, em 6 da gi mir hinne no. Wa mir se da fonnt hun, brénge mir se zrëck.


Nuets maache mer och mol e Bëschspill; mir huelen eis Täscheluuten an engt Täschemesser mat.

Mëttes krie mer vun de Mamme gekacht.

Den zweeten Dag kommen d'Elteren hir Kanner besichen. Owes geent 8 Auer maache mer dann engt gruust Lagerfeier, dat och nach den aneren Dag gloust; da werfe mer Holz drop, fir dat et rëm brennt. Mir grillen Wirstercher a maache Spiller fir d'Elteren un d'Laachen ze kréien. Owes wann se heem gin, gi mir an d'Bett. Mir krie vum Michel eng schéi Geschicht erzeelt. A wann d'Geschicht ferdig as, schlofe mir nët, ma mir maachen immens vill Domheeten.

De leschten Dag vum Camping maache mer awer och nach vill Spiller. Mir sën ëmmer traurig, wa mer déi schéi Scheier verlose müssen.

Steve Bentner; Jean-Marie Peller; Pierrot Tavarner
Marc Felten; Charel Krack; Christophe Scholtes



Wir waren nach Clairefontaine. Im Bus aßen wir viele Bonbons, denn wir waren eine Stunde unterwegs. Als wir endlich angekommen waren, mußten wir noch ungefähr zwei Kilometer zu Fuß laufen. Zwei Cheftainen hatten unsere Rucksäcke mit dem Auto in unser Lager gefahren. Um 6 Uhr sind wir angekommen und haben uns umgeschaut. Wir haben unsere Rucksäcke genommen und sind ins Schlafzimmer gegangen. Dort haben wir den Rucksack ausgepackt.

Nach dem Essen war um 7 Uhr die Messe; Herr Goedert hat die Messe gehalten; während der Messe sind wir rausgegangen und wir haben Palmsträüße gesegnet; jeder bekam einen kleinen Strauß und wir gingen wieder ins Haus; dort wurde die Messe fertig gepredigt.

Nach der Messe haben wir eine Veillée über Seeräuber gehalten und haben Spiele von Piraten gemacht.

Nach der Veillée sind wir ins Bett gegangen; wir haben uns gewaschen; nachdem wir uns gelegt hatten, hatte Martine uns noch eine Geschichte erzählt. Wir haben noch ein bißchen geplaudert und mußten bis morgens 9 Uhr schlafen, was wir aber nie gemacht haben.

Am Sonntagmorgen machten wir draußen noch einige Spiele; als wir fertig waren gingen wir die Enten schauen. Wir haben dann gegessen und fuhren nach Hause.

Jean-Luc Arend; Christian Enders; Cédéric Haas;


Tom Müller; Marc Schneider; Paul Weiler;

Min

bladder

am

Album



Zu Grenzen um Peistcamp
1971 gët ang Paart mat
engem PH opgeriicht.



Soll dee Brelage alt
halen?



Bei Reisdorf op der Kop
gruewen d'Pionnier um
Summercamp 1974 en
Tumulus aus der Bronzezeit
aus.



Stëmmt d'Richtung?



Nordjamb 75: d'Trup
"Roude Léiw" um Wee fir
opt Eröffnungszeremonie.



De Marcel Thillen gët op
der Montée 1976 an der
Steekaul fir seng 20
JaarGrupechef geëiert.




Scouting 77: mir weisen an
der Grusgaas, wat
Scouten sën.



D'Explorer no dem Go-
Kart-rennen



De ROPI-Orchester suergt
fir Ambiance um
Tiaterowend 1978.



Si sën déck gespaant op
dee Warmloftballon da lo
soll fléien.



Flossix 1979



Mir bastele fir eng Krëstaktioun.



Zu Lourdes am Summer
1979.

Tam-Tam an der Aler
Brauerei: de Grand-Duc
as déi grus Manifestatioun
vun den Explorer besiche
kom.





Soll'et eppes s'en . . . ?

. . . jo et schmaacht!





Um Kröstmaart 1985.



De grusse Kreesch bei de
Wëllef.



Mir baue bei.




1988 zu Bärel bei de
Wëllef um Camp.



Et war Sturem!

Pionnier op der Kavalkad
1990.





Tiater 1991.



Paß op, dat sē nēt
schwaarz gin

Grupechef: Jacques Dahm Aumonier: Jean Goedert

a) D'Wëllefsmoute.

- Chefequip:

Akela: Claudine Thillen-Reiser; AWC: Michèle Antony, Carole Mehlen, Martine Scholer, Chantal Teisen; stAWC: Denise Franzen, Claude Strasser, René Zeimet.

- Wëllefcher:

Jean-Luc Arend	Daniel Bebing	Jean Bohnert
Sergio Bondeiras	Philippe Bonert	Jacques Dahm
Marc Decker	Christian Enders	Jorge Ferreira
Cédéric Haas	Cédric Hoffmann	Olivier Hoffmann
Tim Junker	Jean-François Kerger	Thierry Maquil
Julien Michels	Daniel Migy	Patrick Muller
Tom Muller	Jim Neven	Serge Nickels
Jean-Paul Pleim	Steve Polfer	Mike Ries
Thomas Rob	Marc Rodesch	Olivier Sassenrath
Thierry Schoen	Sven Simon	Laurent Storck
Pierrot Tavarner	Paul Weiler	Gilles Weis

b) Explorertrup.

- Chefequip:

Trupechef: Frank Thillen; ATC: Laurent Gillen, Georges Meyers; stATC: Paul Bierchen, Carlo Bingen, Joseph Hamen, Romain Johanns.

-Explorer:

Marc Arend	Paul Bentner	Christian Bertemes
Denny Bierchen	Jean-Michel Bingen	Philippe Decker
Sandro Dimola	Luc Dockendorf	Arsène Faber
Marc Felten	Jean-Marc Friderici	Dave Junker
Ted Junker	Philippe Kerger	Guy Kneip
Jeff Konnen	Charel Krack	Tasso Lakoglu
Sven Lamberty	Frank Mass	Vicky Mootz
Gil Muller	Dan Neven	Pol Rosch
Marc Schneider	Christophe Scholtes	Charles Steichen
Marc Storck	Paul Weicker	Christian Wolfers

c) Pionniertrup.

- Chefequip:

Trupechef: Paul Lorentz; ATC: Claude Biwer, Jean-Luc Schmit;
stAtc: Mike Medernach.

- Pionnier:

Frank Boever	Laurent Bohnert	MarcBrimmeyer
Michel Faber	Mike Faber	AlainFriderici
Daniel Hientgen	Patrick Kessler	Serge Kieffer
Nicki Lucas	Julien Maquil	Laurent Pirretz
Frederik Rob	Paul Schwebach	J.-François Steichen
Christian Thies	Alain Zenner	

d) Roverclan.


- Chefequip:

Romain Johanns, Georges Minette, Roger Stirn

- Rover:

Claude Biltgen	Carlo Blum	Jerry Faber
Georges Gillen	Claude Goetz	Christian Hendriks
Ted Jacoby	Pascal Johanns	Jean-Paul Marbach
Marc Mehlen	Luc Nickels	Claude Simon


Ieregrupechef a Verwalter vun den Homer: Marcel Thillen



Groupe Tony Noesen Enn 1991

Home Prince Jean

Iwernuechtungen



D'Frënn vun den Dikricher Scouten

BACHSTEIN-GOEBEL Justin DIEKIRCH
 BANQUE GENERALE DIEKIRCH
 BANQUE INTERNATIONALE DIEKIRCH
 BANQUE ET CAISSE D'EPARGNE de
 l'ETAT DIEKIRCH
 BARENBRUG S.A. DIEKIRCH
 BARTHEL Henri GILSDORF
 BAULER Jean-Marie LUXEMBOURG
 BAULER Marcel DIEKIRCH
 BAULER-BRAQUET Joseph DIEKIRCH
 BENTNER Jos BETTENDORF
 BERG Suzette Epicerie DIEKIRCH
 BERG Suzette DIEKIRCH
 BERGH-AHLBORN Jean-Pierre
 DIEKIRCH
 BINGEN Alain DIEKIRCH
 BINGEN Leon DIEKIRCH
 BINGEN Ralph BETTENDORF
 BINGEN-FISCHBACK Michel
 DIEKIRCH
 BIWER André DIEKIRCH
 BLUM René DIEKIRCH
 BODEVING Claude FENTANGE
 BOEVER Marie-Thérèse DIEKIRCH
 BOEVER Mathias DIEKIRCH
 BOHNERT-BRAUN Robert DIEKIRCH
 BONERT Paul DIEKIRCH
 BONERT Charles DIEKIRCH
 BORSCHETTE Fernande DIEKIRCH
 BORSCHETTE Leon DIEKIRCH
 BOUTIQUE Marie-France DIEKIRCH
 BRANDENBURGER Georges
 DUDELANGE
 BRASSERIE DE DIEKIRCH DIEKIRCH
 BREPSOM René REISDORF
 BREUSKIN Ernest DIEKIRCH
 BRIMMEYER Jean DIEKIRCH
 CALMES Emile BETTBORN
 COLLETTE-GOERGEN Margot
 DIEKIRCH
 CREDIT EUROPEEN DIEKIRCH
 CROISE Romain DIEKIRCH
 CROISE René DIEKIRCH
 DAHM Michel DIEKIRCH
 DAHM-HEIJNEN Camille
 INGELDORF
 DAHM-KRIER Jean-Pierre

MONDERCANGE
 DAHM-THOMA Georges
 INGELDORF
 DECKER Paul Echternach
 DECKER Pierre DIEKIRCH
 DECKER Robert DIEKIRCH
 DEGRAND Léon DIEKIRCH
 DILLMANN Camille DIEKIRCH
 DILLMANN-SIMON Georges
 DIEKIRCH
 DISTELDORFF Norbert DIEKIRCH
 DOCKENDORF-KEMP Guy DIEKIRCH
 DUHR Raymond DIEKIRCH
 EILENBECKER Joseph DIEKIRCH
 ELCHEROTH Paul DIEKIRCH
 ELCHEROTH René OBERANVEN
 ELCHEROTH-WEIS Jos DIEKIRCH
 ELS Jean HELMDANGE
 ELS Jules DIEKIRCH
 ELYSEE SARL DIEKIRCH
 ENGEL Albert DIEKIRCH
 EYSCHEN Nelly DIEKIRCH
 FABER Christiane DIEKIRCH
 FABER Nic DIEKIRCH
 FABER Pit LUXEMBOURG
 FABER René Garage INGELDORF
 FABER-HILBERT Lucien DIEKIRCH
 FELDTRAUER Marc DIEKIRCH
 FELTEN Carlo DIEKIRCH
 FELTEN-LENNERS Charles DIEKIRCH
 FELTZ-WICTOR Georges
 LUXEMBOURG
 FISCHER-KLEIN Renée DIEKIRCH
 FLAMMANN-DICHTER Joeseph
 DIEKIRCH
 FRIEDERICI Robert ETTTELBRUCK
 FUSENIG Germain DIEKIRCH
 GAUL Roland DIEKIRCH
 GONNER-DE WAHA Raymonde
 DIEKIRCH
 GORGES/ELSEN Electricité
 DIEKIRCH
 GORGES-ZENNER Roger DIEKIRCH
 GREGORIUS Christian DIEKIRCH
 GROFF Marcel DIFFERDANGE
 GROSCH Carlo DIEKIRCH

HAMEN Nico Diekirch
 HAMEN Pierre DIEKIRCH
 HEGER Fernand BRIDEL
 HEIJNEN A.J. DIEKIRCH
 HEINEN Pierre DIEKIRCH
 HEINTZ Jean DIEKIRCH
 HENDRIKS Henri DIEKIRCH
 HERMANN Fernand DIEKIRCH
 HERR Jacques DIEKIRCH
 HERR Jean LUXEMBOURG
 HERR-SCHAACK Marie-Louise
 DIEKIRCH
 HEUSCHLING Jean-Pierre DIEKIRCH
 HIRSCH Roger DIEKIRCH
 HOFFMANN Roger LUXEMBOURG
 HOFFMANN Roland MOESTROFF
 HOFFMANN-WINANDY Maria
 BERELDANGE
 INFALT Jean-Pierre DIEKIRCH
 JACOB Jos DIEKIRCH
 JACOBS François INGELDORF
 JACOBS Marie-Josée MARNACH
 JACOBY-CROISE Theo DIEKIRCH
 JACOBY-MANNON Louis DIEKIRCH
 JAMINET-KLEMMER Marcel
 INGELDORF
 JOHANNES-MAUS Pierre DIEKIRCH
 JUNCKER Edouard ETTLEBRUCK
 JUNG Jean DIEKIRCH
 JUNG Marc DIEKIRCH
 JUNK François GRUNDHOF
 JUNK Jacquot REULER/Clervaux
 JUNK Patrick DIEKIRCH
 JUNKER Emile DIEKIRCH
 KAP-DE WAHA Alain BUSCHDORF
 KAUFMANN Guy DIEKIRCH
 KAYSER Paul DIEKIRCH
 KELTESCH André DIEKIRCH
 KELTESCH Paul DIEKIRCH
 KERGER Jean DIEKIRCH
 KERGER Gaston DIEKIRCH
 KERGER-BOEVER Charles
 INGELDORF
 KIEFFER Germain DIEKIRCH
 KIESCH Norbert DIEKIRCH
 KIRSCH Léon BETTANGE/MESS

KNEPPER-HOOR Bernard Diekirch
 KORZILIUS Maison DIEKIRCH
 KRACK Jean-Claude DIEKIRCH
 KRACK-MINETTE Robert DIEKIRCH
 KRAUS Vincent DIEKIRCH
 KROMBACH Jean DIEKIRCH
 KROMBACH-MEYER Charles
 LUXEMBOURG
 KUBAJAK Marc DREIBORN
 LANNERS Claude DIEKIRCH
 LARY Paul LUXEMBOURG
 LAUBACH Entreprise DIEKIRCH
 LAUX Antoine DIEKIRCH
 LE TIVOLI DIEKIRCH
 LECLERE Lucien LUXEMBOURG
 LEINER Gaston DIEKIRCH
 LENTZ-MOULIN Gilbert DIEKIRCH
 LINSTER-WEBER Tom DIEKIRCH
 LINSTER-ZENNER Georges DIEKIRCH
 LOOS Joseph LUXEMBOURG
 LORANG Frères DIEKIRCH
 LORANG Willi LUXEMBOURG
 LORANG-PONCELET Pierre
 DIEKIRCH
 LUDWIG Marcelle LUXEMBOURG
 MAAS-SCHMITZ Henri DIEKIRCH
 MAHR Niny DIEKIRCH
 MAHR René HOWALD
 MANNON Theodore BRIDEL
 MAQUIL-NICOLAS Nic DIEKIRCH
 MAQUIL-STREBER Robert STEGEN
 MARBACH Paul DIEKIRCH
 MARBACH Vic DIEKIRCH
 MARMANN-LUDOVICY François
 JUNGLINSTER
 MATGEN Romain DIEKIRCH
 MELCHIOR Lucien DIEKIRCH
 MERGEN-ROMMES Ernest DIEKIRCH
 MEYERS Raymond DIEKIRCH
 MICHELS René, Pol, Georges
 GILSDORF
 MICHELS-STEICHEN Nico DIEKIRCH
 MINETTE Camille BETTEMBOURG
 MOLITOR Frank MONDORF/BAINS
 MOLITOR Joseph HELMDANGE
 MOLITOR Martin ESCH/ALZETTE

MOLITOR-ADLER Lii HELMDANGE
 MOLITOR-COSTER Fernande
 DIEKIRCH
 MOOTZ Marie-Paule DIEKIRCH
 MULLER Paul DIEKIRCH
 MULLER-BACK Marc DIEKIRCH
 NESSER Paul LUXEMBOURG
 NEVEN-GILLEN John DIEKIRCH
 NICKELS Raymond HOWALD
 NICKELS-AHNEN Marcel DIEKIRCH
 NOESEN René LUXEMBOURG
 NOESEN-KLEIN Suzette
 LUXEMBOURG
 OPTIQUE Wirtz Marc SARL DIEKIRCH
 PANELUX S.A. GILSDORF
 PETRY Henri Quincaillerie DIEKIRCH
 PETRY-NICOLAY Henri HEISDORF
 PLUMER Eugène DIEKIRCH
 PLUMER Jacques DIEKIRCH
 POOS Guy DIEKIRCH
 POOS Victor DIEKIRCH
 POTT Francis DIEKIRCH
 PROBST Pierre DIEKIRCH
 PUTZ SARL Peinture DIEKIRCH
 RECKING René Pharmacie
 DIEKIRCH
 RECKINGER Arthur LUXEMBOURG
 REILES Emile DIEKIRCH
 REINIG Paul DIEKIRCH
 REULAND Guy GILSDORF
 REULAND Steve GILSDORF
 REUTER Cécile DIEKIRCH
 REUTER Marcel DIEKIRCH
 RICHTER-AHNEN Roger
 BETTEMBOURG
 RIPP Monique DIEKIRCH
 ROEDEL Georges DIEKIRCH
 ROEDER René DIEKIRCH
 ROMMES Pharmacie DIEKIRCH
 ROSCH Hein DIEKIRCH
 ROSCH-MICHELS Marc DIEKIRCH
 ROSCH-MULLER Mik DIEKIRCH
 ROSSLER Aloyse HOSINGEN
 ROTH Henri DIEKIRCH
 SCHAACK Erny DIEKIRCH
 SCHAACK Jean BOFFERDANGE

SCHAACK-WENKIN François
 DIEKIRCH
 SCHAEFFER-FRANTZ Jean-Jacques
 DIEKIRCH
 SCHAMBOURG Jean DIEKIRCH
 SCHARTZ-DE WAHA Yolande
 WARKEN
 SCHAULS Marie-Anne DIEKIRCH
 SCHEER Ameublement DIEKIRCH
 SCHEIFER J.-Paul DIEKIRCH
 SCHEUER Josy DIEKIRCH
 SCHILTGES-LEGE Jane DIEKIRCH
 SCHMITZ André DIEKIRCH
 SCHMITZ Jos DIEKIRCH
 SCHMIT-KAIL Boucherie DIEKIRCH
 SCHMIT-KARIER Camille LELLINGEN
 SCHMIZ Paul GREVENMACHER
 SCHNEIDER Armand DIEKIRCH
 SCHOLER Guy MOUTFORT
 SCHOLER Othon DIEKIRCH
 SCHOLTES Nic BETTENDORF
 SCHOU S.A.R.L DIEKIRCH
 SCHREINER Toiny DIEKIRCH
 SCHROEDER Gerard KAYL
 SCHROEDER Prosper LUXEMBOURG
 SCHUMACHER Boucherie DIEKIRCH
 SCHUMACHER-SIMON Gast
 DIEKIRCH
 SCHWEBACH-BOEVER André
 DIEKIRCH
 SCOUTSAMICALE II DIEKIRCH
 SIMON-HOSS Norbert DIEKIRCH
 SPEDENER-BOURKEL Irène DIEKIRCH
 SPITHOVEN Christian
 WORMELDANGE
 SPITHOVEN Fred DIEKIRCH
 STEFFEN Aloyse DIEKIRCH
 STEFFEN Jos DIEKIRCH
 STEICHEN Joseph ESCH/ALZETTE
 STEICHEN René DIEKIRCH
 STRASSER Nico DIEKIRCH
 SYNDICAT D'INITIATIVE DIEKIRCH
 TEISEN-MOULIN André Boucherie
 DIEKIRCH
 THEIS Joseph DIEKIRCH
 THIBEAU SARL DIEKIRCH

THIEL Erny DIEKIRCH
THIES-SCHON Monique DIEKIRCH
THILL Claude DIEKIRCH
THILL Georges DIEKIRCH
THILL Romain VIANDEN
THILL-KRETTELS Johny DIEKIRCH
THILLEN Paul, Nico DIEKIRCH
THILLEN Robert MUHLENBACH
THILLEN-BERGH Guy DIEKIRCH
THILLEN-DE WAHA Paul
BOEVANGE/ATTERT
TAUFFLER Jean DIEKIRCH
TRAUFFLER Jean-Marie CONTERN
TURMES Armand DIEKIRCH
TURMES Claude DIEKIRCH
TURMES Serge Ingeldorf
VALENTINI Jean DIEKIRCH
WAGENER Frank OBERANVEN
WAGENER Jos DIEKIRCH
WAGENER Léon PONTPIERRE
WAGNER Nicky DIEKIRCH
WALCH Marc BETTENDORF
WEICKER-BARTHOLME Charles
DIEKIRCH

WEILER Jean-Paul DIEKIRCH
WEILER Lucien DIEKIRCH
WEILER Tuny/Alice DIEKIRCH
WEIS Gustave DIEKIRCH
WEIS Guy ESCH/ALZETTE
WEIS Roger DIEKIRCH
WEIS-CLOOS Nicolas DIEKIRCH
WELTER Marcel BETTENDORF
WERER-GERSTNER Paul(Foto-Studio)
DIEKIRCH
WERTHESSEN Rob DIEKIRCH
WEY Jean BERINGEN
WICKLER S.A.R.L. DIEKIRCH
WILHELM-CLARENS Juliette
DIEKIRCH
WILHELM Robert BERGEM
WOLFERS Georges DIEKIRCH
WOLFF Jean-Pierre
REDANGE/ATTERT
ZEIEN-WEYER Robert GILSDORF
ZENNER Jean-Paul DIEKIRCH
ZENNER Jean, Pierre DIEKIRCH

Program vum Jubiléiümsjar

22.2.92 :

Challenge Louis Minette als Nuetssortie organisiert vun de Rover.

Enn März

Virstelle vun der Brochür.

10.5.92 :

Dag vun de Scouten am Floss, fir fréier Scouten a fir déi jetzig aktiv, mat den Elteren.

28.5.92 :

Auto-Explo

5.-9.6.92 :

Regionale Peistcamp fir Explorer a Pionnier.

10.-14.7.92 :

Al Dikrich

Juli 92:

Summercampen

26.-27.9. :

Chefdag zu Dikrich; organisiert mat de Guiden.

23.1.93 :

Tiater-Revue vun de letzte 25 Jar.

Merci!

Zum Schluß nach eng Rei Mercien:

- fir d'ischt eisem langjährige Grupechef an leregrupechef, dem Marcel Thillen; bis lo as he well 47 Jar laang Chef bei den Dikricher Scouten; hen huet eise Grup zu dem gemaach, wat en hett as; heen as ët och den eis Homer an der Rei hält an derno kuckt, dat së ëmmer rëm erneiert gin an dat së regelméissig besaat sën.
- all deene Cheftainen a Chef (su eng 108), déi an de letzte 25 Jar eis Borschte betreit hun an hinnen och e Stéck fir d'Lewe matgin hun. Vun denen, déi momentan nach ativ sën, sën der 4 well mi laang wi 10 Jar Chef, e well 28 Jar. Ech well awer och hir Fraen oder Männer an hir Kanner nët vergässen, déi oft leeng doheem hu misse bleiwen.
- der Dikricher Geméng, fir hire Subside an och aner finanziel a materiel Hëllef, där mer heiansdo froen.
- der Par, mat hire Geestlichen, déi an all deene Jare ,no hirer Méiglicheet, eis op religiösem Gebiet begleet huet.
- dem Jugend- an Tourismusministär fir hir Subside beim Em- an Ausbaue vun eisen Homer.
- den Auteuren vun de verschiddenen Artikelen an denen, déi speziel bei der Ausaarbichtung vun der Brochür, gehollef hun..
- all fréiere Scouten, déi eis bei verschiddene Gelegenheeten hëllef.
- all Frënn vun den Dikricher Scouten, déi eis finanziell a materiel fir eise 75. Geburtsdag ënnerstëtzen.

BROCHURE 75 Jar Dikricher Scouten

1) Léif Dikricher Scouten.(Fränz Scharzt, Com. général).....	1
2) Scout ze sin, (Marie-Thérèse Boever, Buurgermeester a fréier Cheftaine).....	3
3) Si hun hire Wee fonnt.(Jean Goedert, Aumonier)	5
4) 75 Jar Dikricher Scouten.(Jacques Dahm, Grupechef).....	7
5) D'Dikricher Scouten : 1967-1992.(Jacques Dahm).....	11
6) Eise Floss. (Marcel Thillen, President vum Verwaltungsrot) ...	33
7) Summercamp an England 1970. (Pol Bonert).....	41
8) Bei de Scouten erliewt. (Théo Jacoby).....	43
9) Entreprise 'Mato Grosso'.(Marcel Groff).....	45
10) Jamboree 75 an Norwegen. (Camille Dahm).....	47
11) Erënnerungen vum Rikki. (Loly Majerus).....	51
12) Den Dessert. (Georges Minette).....	53
13) Ech guf awer Chef. (Paul Lorentz).....	55
14) D'Geschicht vun de Wëllefcher an dem Bus.....	57
(Claudine Reiser a Carole Mehlen)	
15) D'Sortie bei de Wëllef.(6 Wëllef).....	61
17) Bei de Wëllef um Camping. (6 Wëllef).....	62
16) Um Week-end. (6 Wëllef).....	63
18) Mir bleederen am Album.	64
19) Eise Grup 1992.	77
20) D'Frënn vun den Dikricher Scouten.	81
21) Program vum Jubiléiumsjar 1992.	85
22) Merci.....	86
23) Iwerbléck.....	87

Redaktioun: Jacques Dahm
Layout: Mady Gorges, Jean-Marc Bintner
Illustratiounen: Mady Gorges, Paul Lorentz
Photoen: Jacques Dahm, Théo Jacoby, Carole Mehlen,
Tom Scholer, Marcel Thillen
Drock: Dreckerei Reka, Lëtzebuerg
Buchbënnerei: Ateliers d'Arts graphiques, Houwald
Dës Brochure ass op chlorfrei gebleechten Popeier gedreckt!

